

5. Ordre du jour (suite)

Fir der Demande vun der Madame Flesch, fir gewuer ze gi wou eis Regierungsmembere sinn, déi haut de Mëtteg net hei sinn, nozekommen, hunn d'Servicer vum Greffe ganz schnell geschafft, an ech kann lech deemtsprechend folgend Kommunikatioune maachen:

- Den Här Statsminister ass de Moment nach, sou wéi Der wësst, zu Paräis op enger Visite, déi hie gëschter an haut do gemaach huet,

- den Här Ausseminister Asselborn ass a Finnland,

- den Här Schiltz ass zu Leads an England,

- den Här Boden an d'Madame Modert sinn um Conseil Agriculture,

- den Här Frieden ass an de Vereenegte Staten op Promotionsmisioun fir eis Finanzplaz,

- den Här Biltgen befënnt sech zu Düsseldorf,

- den Här Wiseler ass aus verständleche Privatgrënn haut de Mëtteg net hei

- an den Här Lux ass deen Eenzege, wou mer et net genee erausfonnt hunn.

(Interruption)

Den Här Lux schéngt - sou wéi eis gesot gëtt - op engem Workshop an der Chambre des Métiers ze sinn. Ech kann dat awer net mat leschter Sécherheet soen, mä och hie schéngt hei eng ganz valabel Excuse ze hunn, dass hien haut de Mëtteg net hei ass, sou dass vun deenen néng Ministeren, déi haut net hei sinn, mengen ech, keen ee Grond hätt, deen net ze justifiéiere wier, fir datt hien haut de Mëtteg net hei wier.

Ech hoffen domadder der Demande vun der Madame Flesch Satisfaktioun ginn ze hunn an all Versteesdemech vun hirer Säit ze hunn, dass néng Regierungsmembere haut de Mëtteg net kënnen hei sinn.

**Une voix.**- Déi haten all e Grond.

(Interruption)

**M. le Président.**- Den Här Grethen huet d'Wuert.

**M. Henri Grethen (DP).**- Här President, mir hunn all Versteesdemech wann e Regierungsmember a sengem Amt international muss ënnerwee sinn, mä mir hu kee Versteesdemech dofir, dass, wann een elo kuckt, dass zum Beispill no eisem Plang am Mee, dënschdes de 16. Mee soll eng öffentlech Sitzung sinn, dat ka jiddferree sech an de Kalenner androen an dann hëlt hie keng Obligatioun fir dee Mëtteg un.

D'Zil vu menger Interventiuon war, d'Regierungsmembere ze sensibiliséieren, dass si hire Kalenner sollen esou organiséieren, dass se wa méiglech dënschdes, wa Chamber ass, tëschent dräi a véier Auer hei sinn.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Ech muss soen, Här Grethen, ech hu vollt Verständnis dofir an dat ass och meng Suerg. Ech muss allerdéngs soen, wa mir e Kalenner hunn, de franséische Statspräsident huet och e Kalenner.

**M. Henri Grethen (DP).**- Ech schwätzen net vum Statsminister.

**M. le Président.**- An de Statsminister muss natierlech, wann en eng Visite zu Paräis mécht, op där enger Säit kucken, wat de Kalenner vun der Chamber ass, an...

**M. Henri Grethen (DP).**- Do fir hunn ech vollt Versteesdemech. Ech schwätze guer net vum Statsminister, ech hat mech jo méi wëlen un den Här Lux wenden

(Hilarité)

**M. le Président.**- Gutt, d'Madame Flesch freet dozou nach eng Kéier d'Wuert.

**Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, ganz kuerz. Mir stëmmen haut am zweete Vote constitutionnel iwwert de Vertrag vun der Europäescher Verfassung of. Während Wochen, während Méint ass d'Regierung duerch d'Land gezunn - a mir mat -, an ech begrëissen dat, an dat war och gutt, fir ze soen, wéi wichteg dass dat ass.

Wann de Statsminister haut zu Paräis ass, hunn ech vollt Verständnis dofir, mä dann hätt hien an d'Présidence vun der Chamber missen dofir suergen, dass d'Debatt iwwert den zweete Vote constitutionnel kann a Presenz vum Statsminister a vum Ausseminister stattfannen.

Ech hunn all Respekt fir den Här Minister aux Affaires européennes, mä nach schéngt et mir no all deem, wat mer Wochen a Méint laang gehéiert hunn iwwert d'Wichtigkeet vun dëser Debatt, iwwert den Europäesche Vertrag, dass de Vertrag et wäert gewiescht wär, dass d'Chamber et wäert gewiescht wär an dass de Respekt vum Lëtzebuerger Vollek et wäert gewiescht wär, dass de Statsminister an den Ausseminister bei dëser Debatt dobäi wären. Wann dat net haut hätt kënne sinn, dann hätt et kënne muer sinn oder iwwermuer, mä mech stéiert et, wann déi zwee Hauptverantwortlech vun deem Vertrag haut net an der Chamber sinn.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- Madame Flesch, Dir schwätzt vun der Concertatioun tëschent dem Statsministère an der Présidence vun der Chamber. Ech denken, dass Der mat der Présidence vun der Chamber d'Conférence des Présidents vun der Chamber gemengt hutt. Well nämlech wéi d'Conférence des Présidents deen Ordre du jour vun haut de Mëtteg opgestallt a fixéiert huet, dass haut de Mëtteg d'Debatt iwwert den Traité constitutionnel sollt stattfannen, huet, wa meng Erënnerunge richtig sinn, eis virgeleeën, dass de Stats- an den Ausseminister haut net hei kënnte sinn.

**Une voix.**- Iech vläicht, mä eis net.

**M. le Président.**- Jo, ech mengen awer a weess - an d'Kollegen aus der Conférence des Présidents kënne jo dann dozou Stellung huelen -, dass, wéi mer déi Conférence des Présidents do haten, mer eng Lëscht vun deene Membere vun der Regierung virleien haten, déi haut kéinten hei sinn, a wa meng Erënnerunge richtig si war gewosst, dass de Statsminister an ech mengen och den Ausseminister haut net kéinten hei sinn. Trotzdeem huet d'Conférence des Présidents decidéiert, dee Punkt haut op den Ordre du jour ze stellen. Dat zur Kloerstellung zu deem, wat d'Madame Flesch virdru gesot huet.

Ech denken awer, dass mer elo déi Debatt definitiv kënnen ofschléissen an dass mer dann zu där Debatt iwwert den Traité constitutionnel kommen.

(Interruption)

Här Bausch!

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- Här President, ech wëllt awer just zur Korrektur soen, dass mer déi Lëscht awer, wat fir eng Ministeren hei wären, wa meng Erënnerung ganz gutt ass, nach net donneschdes an der Conférence des Présidents leien haten.

**Mme Colette Flesch (DP).**- Très bien.

**M. le Président.**- Also ech hu kee Problem domadder, mir kënnen dat nochecken, mä de Vertrieder vun der Regierung war an der Conférence des Présidents an ech menge souguer, dass mer doriwwer an der Conférence des Présidents debattéiert haten, datt verschidde Regierungsmembere haut net kéinten hei sinn. Mir kënnen dat nokucken, well ech hu jo Versteesdemech fir dat, wat d'Madame Flesch seet, mä wann awer d'Conférence des Présidents vun der Chamber hei en connaissance de cause den Ordre du jour esou fixéiert huet, da musse mer awer och deem Rechnung droen, an dann hätt och ech souguer gären, dass mer dat géifen nochecken.

**Une voix.**- Jo.

**M. le Président.**- Sou, elo komme mer awer zur Debatt. Dir wësst, dass mir den 28. Juni dëst Joer hei an der Chamber de Projet 5442 iwwert den Traité vun der Europäescher Verfassung an éischter Lecture ugeholl hunn, an an hirer Resolutioun vum 8. Juli hat d'Chamber decidéiert, de Second vote constitutionnel vum Resultat vum Vote ofhängeg ze maachen, wat de Referendum vum Juli géif bréngen.

Vun 193.751 gültege Stëmmen hu sech 109.510 fir a 84.241 géint den Text vun der Europäescher Verfassung ausgeschwat. Deemno stëmmt d'Chamber haut no enger Diskussioun am Second vote constitutionnel iwwert dëse Projet of. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Wolter, den Här Goerens, den Här Bodry, den Här Bausch, den Här Gibéryen an d'Madame Spautz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert!

6. 5442 - Projet de loi portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Protocoles annexés au Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Annexes I et II et de l'Acte final, signés à Rome, le 29 octobre 2004 - Second vote constitutionnel

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

**M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.**- Här President, mir bréngen haut mat engem zweete Vote zum Gesetz iwwert den Europäesche Verfassungsvertrag ons Ratifikationsprozedur zu Enn a ginn domat dat 13. Land, wat dee Vertrag unhëlt.

Dee Vertrag leeft also. Ech sinn iwerzeegt, dass e schlussendlech och a Kraaft triede wäert, wann dann all Land seng Responsabilitéit hëlt.

Et gëtt der sécher vill, déi gären hätten, dass dee Vertrag dout wär. Dat ass eng grouss Koalitioun vun all Zorte Leit. Do gëtt et Länner, déi esou mann wéi méiglech Europa wëllen. Et ass zum Beispill net erstaunlech, dass Groussbritannien, Dänemark oder Schweden direkt nom franséischen Neen ëmgefall sinn. Et gëtt och politesch Kräfte vun der extremer Riets bis zur extremer Lénker, déi vun Ufank u géint Europa waren. Déi eng haten an hunn en anere Gesellschaftsmodell wéi deen demokrateschen am Sënn. Déi aner wëllen net op den Nationalismus als politesch Waff verzichten.

Géint déi Koalitioun muss eng Koalitioun vu Länner a vu politesche Kräfte stoen, déi am europäesche Projet weider d'Garantie vu Sécherheet, vu Stabilitéit, vu Wuelfstand a vu Fortschrëtt gesinn.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Här President, eng zweet Lecture vun engem Gesetz ass eppes Seelenes an onser Chamber. Dës Kéier maache mer se, well mer als Chamber - an Dir hutt et éinescht gesot - eestëmmeg decidéiert hunn, d'Volek ëm seng Meenung ze froen. Mir hunn dovunner déi endgültig Ratifikatioun vum Verfassungsvertrag ofhängeg gemaach. De Referendum war begleet vun enger lieweger a kontroverser öffentlecher Debatt. Et war en Héichpunkt vun onser politescher Geschicht.

Dat positiiv Resultat vum Referendum vum 10. Juli 2005 erlaabt ons haut, méi wéi dräi Méint duerno, de verfassungsméisseg zweete Vote virzehuelen.

Dee Referendum war keng Formsaach. Dee Referendum engagéiert d'Politik. De Fait, dass mer déi Debatt an dee Vote hei zu Lëtzebuerg haten, gëtt ons eng grouss Verantwortung, nämlech dofir ze suergen, dass dee Vertrag weiderleift, dass en iwwerall ratifizéiert gëtt an dass en endlech a Kraaft trëtt. Dëst ass d'Verantwortung vun all deene Länner, déi de Vertrag bis elo ugeholl hunn, an och vun deene Länner, déi en nach mussen unhuelen.

Här President, wann dann och den Ausgang vum Referendum kloer ass, muss d'Interpretatioun dovunner ons weider beschäftegen. Glécklecherweis hu mer jo Sondeg vum nom Referendum zur Verfügung, fir dat emol ze kucken. Interessant sinn dobäi d'Motivatioune vum Jo a vum Neen an engem Land, wat traditionell ganz europafreundlech ass. Beschäftege mer ons mat de villen Neen-Soer.

37% vun den Neen-Soer, gëtt ons gesot, hei zu Lëtzebuerg fäerten negativ Auswierkunge vun der europäescher Eenegung op d'Beschäftegung, Delokalisatiounen a Verloscht vun Aarbechtsplazen. D'Bolkestein-Direktiv huet dobäi eng wesentlech Roll gespillt. 23% vun den Neen-Soer fannen, dass d'Wirtschaftssituatioun zu Lëtzeburg ze schlecht ass, 22% fannen, dass Europa net sozial genuch ass. Doniewent kommen 11%, déi d'Europäesch Unioun als ze vill liberal ugesinn, 17% och als ze vill komplex.

Vill vun den Neen-Soer kommen aus Schichte vun der Lëtzebuerger aktiver Bevölkerung, déi durch d'Globaliséierung an d'international Konkurrenz wirtschaftlech a sozial a Gefor gerode kënnen. Et ass also och e Protest géint d'Zoustänn an der Wirtschaft: ze vill sozial a wirtschaftlech Onsécherheet, ze vill Flexibilitéit, net genuch Ofsécherung um europäesche Plang géint profitorientéiert Tendenzen, déi de Mënsch, den Aarbechter net respektéieren.

Aus deenen Ursaachen eraus musse mer ons mat dem soziale Modell beschäftegen, dee mer europawäit duerchsetze wëllen. D'Europäesch Unioun mat hire 450 Milliounen Awunner muss sozial Regeln hunn. Niewent de soziale Regeln um nationale Plang mussen et der um europäesche Plang ginn, soss gëtt d'Europäesch Unioun, dat musse mer eis soe loossen, net méi vun de Mënschen akzeptéiert.

Dëst ass sécher méi séier gesot wéi gemaach. Et gëtt vill Onklorheeten doriwwer, wat een dann ënner sozialem Europa versteet. Iwwregens muss een de Leit och soen: Dat soiaalt Europa gëtt et schonns. Villes ass duerch de Sozialdialog vu Patronat a Salarat erreecht ginn. Déi bestehend Verträge hunn erlaabt, europawäit Aarbechts- a Gesondheetsschutz anzeféieren.

Mä nach stellt sech eng fundamental Fro, déi een net midd soll ginn ëmmer ermë ze stellen. All Land, och Lëtzebuerg, wëllt déi wesentlech Aspekter vu sengem Sozialsystem selwer géréieren an decidéieren. Soulaang dat esou ass, brauch een net ze erwaarden, dass d'Europäesch Unioun am Soziale vill weider Kompetenze kritt. Et kann awer net sinn, dass een als Sozialmodell nëmme gesäit, duerch weider Liberaliséierung méi Aarbechtsplazen ze schafen.

Ech kann also ënnersträichen a matdroen, wat den Europäesche Gewerkschaftsbond zum Beispill viru kuerzem zum europäesche Sommet vum 27. Oktober an England erkläert huet. Zu dem europäesche Sozialmodell gehéiert d'Verantwortung vun der öffentlecher Hand, vun der Europäescher Unioun gradewéi vun de Memberlänner, fir Vollbeschäftegung, öffentlech Déngschter a sozial a wirtschaftlech Kohesioun.

Dozou gehéieren déi fundamental sozial Rechter wéi zum Beispill d'Streikrecht, de Schutz géint ongerechtferlegt Entloossungen, anstänneg Aarbechtskonditiounen, d'Gläichheet vu Mann a Fra an d'Netdiskriminéierung. Dozou gehéieren de soziale Schutz, mä natierlech och Instrumenter vum Sozialdialog a gesondheetlech an aarbechtsrechtlech Regeln.

Vill vun deenen Objektiver, dat wëll ech hei nach eng Kéier ënnersträichen, sinn am Verfassungsvertrag enthalen, souwuel am éischte wéi am zweeten an och am drëtten Deel. Si sinn zum Beispill och duerch den Asaz vu Gewerkschaftler a vu sozialisteschen, chrëschtlechen an demokratesche Politiker am Konvent an och an der Regierungskonferenz zustane komm.

Doniewent hunn d'europäesch Gewerkschafte Fuerderungen un d'Stats- a Regierungschefe gericht, wéi zum Beispill Norme fir de Schutz vun Interimsarbeitmänner anzeféieren, eng Revisioun iwwert d'europäesch Comités d'entreprise an eng drastesch Revisioun vun der Bolkestein-Direktiv virzehuelen. Ech erënneren un dat wat de Statsminister Juncker hei d'lescht Woch gesot huet an deem Zesammenhang: Mir si géint all wëll Deregulatioun op deem Plang. Dozou gehéiert sécher och eng europäesch Regulatioun fir Delokalisatiounen a Restrukturatiounen. Beim Détachement vun Arbeitnehmer mussen dem Empfängerland seng Regele weider gëllen.

Et steet also vill op der sozialer Agenda vun Europa a jiddfereen huet dobäi seng Verantwortung: d'Patronat wéi och d'Salarat, d'Gewerkschaften an natierlech d'Politik, déi national wéi déi europäesch.

Vun der Manéier wéi mer déi Objektiver virubréngen hänkt och d'Adhesioun vun der Aarbechterschaft a vum Salarat insgesamt un Europa of.

Här President, en aneren Aspekt vum Nee bei onsem Referendum an och am Ausland ass d'Erweiderung. 17% vun den Neen-Soer zu Lëtzebuerg wëllen d'Türkei net an der Europäescher Unioun, 13% lehne weider Erweiterungen of. Aner rezent Ëmfroe bestätegen déi Skepsis vun de Lëtzebuerger vis-à-vis vun neien Erweiterungen, wat näischt Neies ass, wann een och déi Skepsis kuckt vis-à-vis vun deene vergaangenen Erweiterungen, déi den 1. Mee 2004 a Kraaft getratt sinn.

Et muss een dofir de Bierger erklären an och mat hinnen een öffentlechen Débat doriwwer féieren, dass d'Erweiterungen dem europäesche Kontinent - also ons selwer, onsem Land och - Rou a Stabilitéit bréngen. Dat kritt een natierlech net zum Nulltarif. Dat geet och net eleng op dem diplomatesche Wee. Dat heescht also, mir mussen och politesch esou Erweiterungen erklären a verdeedegen an op déi Manéier och de Leit plausibel maachen.



Här President, mir hunn dat hei och bei Entrevuën an der Chamber erfuer. D'Länner vum Balkan hunn déi europäesch Perspektiv néideg, fir sech zu friddlechen Natiounen ze entwéckelen. Konkret heescht dat fir d'éischt, dass wirtschaftlech a politesch Relatioune mat hinne mussen opgebaut ginn. Mat Serbien-Montenegro gött elo en Accord fir Zesummenaarbecht a Stabilisatioun verhandelt. Datselwecht soll mat Bosnien-Herzegowina geschéien.

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

Wie mat Politiker aus all de Regiounen a Länner vum Westbalkan schwätzt, héiert dass déi europäesch Perspektiv hir eenzeg Hoffnung ass. Nëmmen domat kënnen se aus hirem Schlamassel erauskommen an hir Géigend nei gestalten. Nëmmen domat kënnen se hiren Nationalismus, hiren oft gewaltsamen Nationalismus, hir ethnesch, reliéis a politesch Konflikter iwwerwannen, a mir hunn en ureegenen Interesse drun, dass dat geschitt.

Fir d'Europäesch Unioun selwer steet um Spill, dass souwuel d'Erweiterung op 25 a geschwënn op 27 Länner a méi net ouni besser Institutionen a Prozeduren iwwert d'Bühn geet. Dëst ass an der Verfassung dran. Ouni dës Verfassung kënnen mer keng weider Erweiderung méi verkaaften. Dat verstinn d'Leit ganz gutt, an dat sollen d'Regierung sech och zu Härz huelen.

Här President, fir eng grouss Majoritéit vun de Leit ass den europäesche Projet ëmmer nach hire Liewenshorizont; et ass onst natierlech Ëmfeld. De Verfassungsvertrag huet zum Zil, déi erweidert Europäesch Unioun an hire Grondwäerter a -prinzipien ze festegen, hire Fonctionnement méi effikass ze maachen, hir aussen- a sécherheetspolitesch Dimensioun ze stäerken, de Raum fir Fräiheet, Gerechtegkeet a Sécherheet ze entwéckelen.

Dëse Verfassungsvertrag schreift sech an d'Unificatioun vum europäesche Kontinent an, déi nom Zweete Weltkrich ugefaangen huet. Et däerf ee jo anscheinend hautësdags net méi vu Krich a Fridde schwätzen. Et ass jo wéi et schéngt esou natierlech, dass dat keen Argument méi ass. Mä dach muss ee soen, dass d'Länner vun der Europäescher Unioun säit 60 Joer kee Krich méi ënnert sech hatten.

Säit Jore kann een an Europa fräi zirkuléieren. D'Natioune kënnen déi aner net méi ugräifen, weder politesch nach militäresch oder wirtschaftlech. Den Euro ass eng Garantie fir monetär an domat och wirtschaftlech Stabilitéit.

Trotz munche Problemer muss ee soen, dass eise Wuelstand an Europa insgesamt nach ni esou héich war wéi an de leschte Joren. Fir deen Zoustand ze erhalen a weiterzeentwéckele muss d'Europäesch Unioun weider gefestegt ginn. Dat ass net gottgegeben. D'Unioun besteet nëmmen duerch de gemeinsame Wëlle vun de Länner gemeinsam ze schaffen. A wann dee politesche Wëllen net méi do ass, geschitt näischt a fält alles auseneen.

Här President, wat hu mer erreecht wa mer haut den zweete Vote huelen? Ons Bescheidenheet seet ons, dass domat d'Kris vun Europa net geléist ass. Mir hunn awer erreecht, dass 13 vu 25 Länner sech zum Vertrag ausgeschwat hunn. Et ass nämlech d'Recht vun all Land, sech zu deem Vertrag auszeschwätzen. Et kann net sinn, dass zwee Länner, Frankräich an Holland, fir se alleguer géife schwätzen. Dëst wär d'Negatioun vun der Logik vun enger Unioun vu fréie Partnerlänner. De Ratifikationsprozess geet also weider. D'Stats- a Regierungschefen hunn dat Mëtt Juni 2005 gesot a gewënscht.

Et ass also d'Responsabilitéit, dat wëll ech awer och hei ënnersträichen, vum Europäesche Rot, dee Prozess weiderzedriewen.

Den Europäesche Rot, wien ass dat? Mä dat sinn d'Vertrieder vum Verfassungsgeber an Europa. De Verfassungsgeber an Europa, dat sinn d'Memberlänner a soss keen! Et ass weder d'Kommissioun nach soss iergendeng europäesch Institution. Et sinn d'Länner, déi d'Responsabilitéit fir déi Verfassung hunn, an et sinn d'Länner, déi déi Verfassung musse weiderdriewen.

Wa mer dann um Enn vum Prozess ukommen, da gött gezielt, wien dofir ass a wien dergéint ass. An da muss gekuckt ginn, ob dee Vertrag op de Métier geholl gött oder net. Fir den Abléck si mer en attente - bekanntlech soll de Rot jo am Fréijoer 2006 de Bilan vun der Reflexiounsperiod zéien. Ech mengen, wat déi Attente méi schnell eriwuer ass, wat et besser ass. An Europa geet natierlech näischt mam Briecheisen; Gedold ass ëmmer eng wichteg Komponent an eng wichtig Tugend an Europa, mä déi Gedold däerf net iwwerstrapaziéiert ginn. Ech mengen, Europa muss weidergoen, an d'Elementer fir dat Weidergoe sinn an dëser Verfassung. An dofir sollen d'Stats- an d'Regierungschefen de Länner spëtstens am Fréijoer soen, hir Ratifikatioun esou schnell wéi méiglech ofzeschleissen.

Här President, déi Réflexiounsperiod, déi de 16., 17. Juni annonciéiert an agelaut ginn ass, muss all kloer denkende Mënsch dozou bréngen, sech Froen iwwert de Verfassungsvertrag ze stellen.

Dee Vertrag enthält bekanntlech dräi Deeler. Deen éischte beschreift kuerz a bündeg wat d'Europäesch Unioun ass, wat fir Wäerter se verfollegt, wéi se fonctionnéiert. Ech gesinn net, ausser e puer Detailer, wat een dann dorunner aussetzen huet. Et sief dann et wär een net fir d'Maartwirtschaft, mä zum Beispill fir eng staatlech organiséiert Wirtschaft, oder et sief, dass een der Europäescher Unioun verbitt sech ëm hir Sécherheet no baussen an no bannen ze bekëmmern.

Den zweeten Deel, dat ass d'Charta vun de Grundrechter. Dat ass zum groussen Deel d'Menschenrechtskonvention, déi nom Zweete Weltkrich demokratesch Wäerter a Menschenrechter an Europa festgeschriwwen huet, plus e sozialt Kapitel, wat den europäesche Sozialmodell prägt. Sécher kann een déi Charta nach ausbauen, et kann een nach weider Rechter a Flichten dobäisetzen, mä fundamental ass se net contestabel.

Den drëtten Deel besteet aus Elementer, déi virun der Ratifikatioun vum virleiende Vertrag gréisstendeels schonn a Kraaft waren.

Zu der Reflexioun wëllt déi britesch Présidence eppes bäidroen. Iwwermuer soll zu Hampton Court iwert den europäesche Sozialmodell geschwat ginn. Wouhin dat goe soll, ass fir Lëtzebuerg, mengen ech, a fir vill politesch Kräfte an Europa kloer: Mir wëlle keen Ofbau vum Sozialmodell; mir wëllen en Ausbau vu soziale Regulatiounen um europäesche Plang; mir wëlle Schutz vun der europäescher Wirtschaft géint d'Deregulatioun duerch d'Globalisatioun. Dat ass eng kruzial an eng zentral Fro fir d'Akzeptanz vun der Europäescher Unioun.

Wéini elo déi Reflexiounsperiod ofgeschloss soll ginn, weess eigentlech keen. Mä deen Zoustand kann net éiweg weiderdauern. Bis zum Fréijoer 2006 soll déi wichtig Viraarbecht geleescht ginn. Ech mengen, da wär et awer en der Zäit en Inventaire ze maachen, wat dann elo u Kritik um virleiende Verfassungstext virzebréngen ass. Déi Länner, déi zécken de Vertrag ze ratifizéieren, déi musse mat der Sprooch eraus. Och wann ech perséinlech net gesinn, wat dann elo um Vertrag geännert soll ginn,

weess ech awer och, dass dee Vertrag net perfekt ass. Et ass wéi alles an Europa d'Resultat vun engem Kompromëss zwëschent 25 Länner.

Den Neen a Frankräich, zum Beispill, soll jo anscheinend aus der Opposition zu engem onreguléierte fräie Maart oder zum iwwerdriwwene Liberalismus an Zäite vu Globalisatioun oder zu ongenügender Sozialpolitik hierkommen. Mä da misst jo dat Land och Virschléi an déi Richtung nom Wëlle vu senger Wieler, vu sengem Vollek maachen!

Oder wann an Holland de Verloscht vun der nationaler Souveränitéit eng Suerg ass, da muss dat verdéift ginn. Gött et schlächend Souveränitéitsverloschter an der Europäescher Unioun? Wa jo, wien ass dofir responsabel? Ass dann net d'Europäesch Unioun grad eng Garantie fir den europäeschen Natiounen hir Eegenheet an hir Onofhängegkeet an enger globaliséierter Welt ze erhalen?

Wéi kritt dann e klengt Land wéi Holland, oder och wéi Lëtzebuerg, eng Souveränitéit erëm, déi jo ëmmer zu allen Zäite vun der Welt ronderëm beschränkt an a Gefor gesat gouf?

Ech gesinn also, Här President, d'Kritiken, ech gesinn och Geknouter, mä ech gesinn awer néierens de Wëllen an de kloer Geescht, méi e wäit gehende Kompromëss zum Beispill am sozial- a wirtschaftspoliteschen Deel ofzeschleissen, fir deem entgéintze kommen, wat dann d'Biergerinnen an d'Bierger anscheinend verlaangen.

Ech mengen, esou kann dat net weidergoen, a souguer dee Plang D vun der Kommissioun fir Dialog, Debatt an esou weider geet do net duer. Wann dann de Ruff no Nobesserungen zum Vertrag kloer ass, menge mer och, dass e Konvent kënnit weider nützlich Aarbecht leeschten, fir doriwwer ze verhandelen. Virun allem awer musse mer eng nei Dynamik an dee ganze Prozess erakréien; fir déi Dynamik, mengen ech, ass jiddferree verantwortlech.

Här President, fir ofzeschleissen: Mir komme mat deem legislativen Akt, dee mer haut de Mëtteg setzen, zum Ofschloss vun engem laange Prozess. En huet eigentlech am Dezember 2000 mam Vertrag vun Nice ugefaangen, dee Vertrag, dee jiddferen als ongenügend fir eng erweidert Unioun ugesäit. De Prozess ass weidergaang mam Europäesche Rot vum Dezember 2001, deen déi wesentlech Froen iwwer Europa gestallt huet an de Konvent ageruff huet. De Konvent huet seng Aarbecht vum März 2002 bis zum Juni 2003 gemaach, duerno huet eng Regierungskonferenz den Text weiderverhandelt, an en ass den 29. Oktober 2004 ënnerzeechent ginn.

Net grad ee Joer duerno huet eng knapp Majoritéit vu Länner - mat eis elo, wa mer dat dann esou maachen -, de Vertrag ratifizéiert. Ech si frou, dass eis Ratifikatioun net grad ee Joer no der Ënnerzechnung ofgeschloss gött - domat huet Lëtzebuerg seng Hausaufgab gemaach. De glécklechen Ofschloss dovunner entbënn eis awer net vun eiser Verantwortung, weider an Europa fir de Vertrag an d'Europäesch Eenegung anzutrieden. Ech sinn zudéifst iwwerzeegt, Här President, dass dëst eng Schicksalsfro fir Lëtzebuerg an och fir ganz Europa ass.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Michel Wolter ageschriwwen. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härën, den 8. Juni hu mer hei an der Chamber d'Décisioun geholl, dass den zweete Vote, dee mer haut virhuelen, ofhängeg wier vum Referendum, dee mer den 10. Juli ofgehalen hunn. D'Chamber huet den 28. Juni an engem éischte Vote den Text vun der Europäescher Verfassung hei an der Chamber ugeholl, a mir hu gesot, dass mer eis nom Referendum, wann deen da positiv géif ausgoen, nach eng Kéier an der Chamber géifen erëmbegéinen, fir an engem zweete Vote dann déi definitiv Décisioun ze huelen. Mir hunn eis un dat Versprieche gehalten. De Wieler, de Bierger huet den 10. Juli seng souverän Décisioun geholl, an deemno huele mer elo den zweete parlamentaresche Vote iwwert d'Ratifikationsgesetz.

Et war en interessanten Débat, dee mer déi éischt Halschent vun dësem Joer haten, d'Verkoppelung vun europäescher Présidence an europapolitescher Debatt. Et war keng Séance académique, wéi verschidde Leit gemengt hunn dass et eng géif ginn an deem Moment wou se gemengt hunn, dass een déi ganz Saach engem Referendum géif ënnerleeën, mä et war eng Diskussioun wou d'Vollek eis op seng Aart a Weis, mat senger Sprooch, déi Ängschten an déi Gefiller matgedeelt huet, déi et huet. Déi Ängschten, déi Gefiller, déi Meenunge si queesch duerch de Gaart gaangen. Vum absoluten Nee bis zum enthusiastesche Jo huet een alles u Meenungen an un Äusserungen an där Debatt héieren.

Et sinn eng ganz Rei vu Kritike geäussert ginn - den Här Fayot huet se elo just nach eng Kéier widerholl. Haaptsächlech ass et ëm d'Vitesse vun der Erweiterung gaangen. Et ass ëm d'Fro gaange wou Europa soll ophalen oder net ophalen, et ass ëm d'Fro gaange vu Lëtzebuerg an deem Europa, wat ëmmer méi grouss gött, an domadder ëm d'Angscht, dass mer ëmmer méi kleng ginn an deem Ganzen, et ass ëm Liberaliséierungsfroe gaangen, ëm d'Fro ob de Bierger, de Mënsch an där neier Welt an där mer sinn, nach déi Roll als Eenzelne spilt, déi e fréier emol gespilt huet. Jee, et ass iwwer eng ganz Rei vu Punkte kontrovers diskutéiert ginn an et war gutt, dass mer déi Debatt eng Kéier gefouert hunn.

Mat deem Vote, dee mer haut huelen, ass da mat 15 Länner d'Ratifizierungsprozedur ofgeschloss. Et goufe bis elo véier Referenden, dovu sinn der zwee mat Jo - mat engem däitleche Jo -, zwee mat Neen - mat engem däitlechen Neen - ausgaangen an eelef parlamentaresch Ratifikatiounen. 15 vu 25 Länner hu sech ausgedréckt an op zéng Länner waarde mer nach, déi hir Meinung solle soen.

Deen Text, dee mer haut stëmmen, beinhaltet fir eis eng ganz Rei vu wesentleche Verbesserungen - wann en dann a Kraaft soll trieden - par rapport zur Situatioun an där Europäescher Unioun vun haut. Et ass dat d'Argumentatioun, déi eis Fraktioun, eis Partei dozou bruecht huet, fir de Leit ze recommandéieren, fir Jo ze stëmmen beim Referendum, an déi eis och dozou beweegt huet, fir souwuel bei deem éischte Vote wéi och bei deem zweete Vote Jo zu där Europäescher Verfassung ze soen.

Déi Verfassung, wa se dann a Kraaft trëtt, bréngt fir eist Land eng ganz Rei vu wesentleche Verbesserungen par rapport zur Situatioun wéi mer se haut kennen. Ech wëll net nach eng Kéier am Detail op déi ganz Diskussioun agoen; mir haten, wéi gesot, den 8. Juni, den 28. Juni, nom Ausgang vum 10. Juli, ech mengen et muss den 12. Juli gewiescht sinn, d'Méiglechkeet an d'Geleeënheet am Detail op den Text anzegoen.

De Kolleeg Fayot, deem ech nach eng Kéier wëll Merci soe fir seng exemplaresch an déif gräifend Aarbecht an dësem Domän, huet elo nach eng Kéier déi wesentlech Punkte widerholl a pour le reste - an dat huet ee jo och un der Presenz vun enger Kamera vun RTL hei matkritt - schéngt sech den Intérêt de Mëtteg méi dorobber ze konzentréieren, ob den Här Jaerling dann den Owend nach an der ADR-Fraktioun ass oder net. Dat gi mer jo da spëtstens an där enger oder anerer Minutt oder an där enger oder anerer hallwer Stonn gewuer.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Zerbriecht lech net mäi Kapp.

**M. Michel Wolter (CSV).** - Sou wéi ech Är Fraktioun kenne geléiert hunn an dëser Debatt, Här Jaerling, kéint ech mer virstellen, dass der fir d'x-te Kéier d'Kéier kritt a léiwer beim Fraktionsstatus zu fënnef bleift, wéi dass Der lech d'Bléiss géift gi fir ee vun Äre Memberen auszuschleissen an domadder eng ganz Rei vu Privilegien, déi Dir awer ganz gären hei an der Fraktioun hutt. Mä Dir wäert eis an dëser Debatt alt nees iwwerrassen.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Et war nach ni d'Diskussioun fir een auszuschleissen, Här Wolter. Dir sidd amgaang ze spannen.

**(Interruptions diverses)**

**M. Michel Wolter (CSV).** - Mir wäerten déi Diskussioun dann an deenen nächste Minutten a Stonne ganz gespaant novollzéien. Ech géif mech deemno wëllen dorop limitéieren, nach eng Kéier e puer Aspekter vun der Debatt ze widerhuelen an opzegräifen, déi an eisen Aen déi wichtegst sinn.

Éischstens déi, dass mer frou sinn, dass Lëtzebuerg Jo gesot huet zu engem Text - ech hunn et gesot -, dee fir eis wesentlech Verbesserungen am Fonctionnement vun der Europäescher Unioun an och eng Stärkung vun der Roll vun eise Land an där zukünftiger Unioun wäert mat sech bréngen. Egal wéi et elo ausgeet, ob mer oder ob mer net déi Barre fatidique vun 20 respektiv 25 Länner um Enn vum Ratifizierungsprozess wäerte kréien, mir sinn am Peloton vun deenen, déi fir een Europa sinn, dat zu méi soll funktionsfäeg bleiwen.

Mir hunn als Grënnungsstat eis Responsabilitéit geholl a mir bleiwe bei där Meinung, déi mer schonn am Juni hei zum Ausdrock bruecht hunn, dass, falls och Deeler dann iergendwann eng Kéier frësch misste verhandelt ginn, mer als Lëtzebuerg mat enger besserer Ausgangspositioun bei esou Verhandlung geife stoe wéi dat de Fall wier wa mer Nee gestëmmt hätten.

Zweetens, d'Referendums campagne hei zu Lëtzebuerg huet ganz kloer d'Noutwendegkeet vun enger permanenter politescher Debatt iwwer Europa, säi Wee, säin Inhalt a säin Zil hei zu Lëtzebuerg bewisen. Ganz vill Leit hu sech un der Debatt bedeelegt. Den Intérêt un der Debatt war grouss, a mir mengen, dass d'Diskussioun viru soll goen. Mir haten net genuch Diskussionskultur iwwer Europa zu Lëtzebuerg. D'Intensitéit vun der europapolitescher Debatt ass ëmgedréit proportionell zur Wichtigkeet vun der Roll, déi eist Land zënter iwwer engem hallwe Jorhon nert an Europa spilt.

De Statsminister huet en Europaforum ugekënnegt, en Europaforum, dee mer explizit begrëissen, ee Forum, deen e Forum fir all déi Leit soll sinn, déi sech mat deene Froen vun Europa, mat de Froen vun der Integratioun vu Lëtzebuerg an Europa beschäftege wëllen. Europa soll keen abstrakten, keen entréckte Charakter hunn, mä Europa soll de Leit op eng Aart a Weis no bruecht ginn, dass si och verstinn - bis an de leschten Detail eran -,



wat den Intérêt vun Europa fir eist Land an deene leschte Jore war an och nach ass.

Drëttens, ech hu gesot mir brauche méi Europa zu Lëtzebuerg, mir brauche méi lëtzebuergesch Begleitung an Europa, an dat ass an eisen Ae ganz kloer eng Aufgab fir eis Chamber. Trëtt dësen Traité a Kraaft, wäert sech déi politesch Aarbecht vun der Chamber a vun dem einzelnen Deputéierten an deenen nächste Jore grondleeënd ännere par rapport zu deem wat mer haut kennen.

Europapolitesch Sujeten, europapolitesch Themen, europapolitesch Agendae wäerten am Liewensoflaf vum Deputéierten eng ëmmer méi grouss Roll spillen. Och do, Dir Dammen an Dir Hären, muss mer dann eis Verantwortung iwwerhuelen, wann et drëm geet als Deputéierten, als Volleksvertrieder déi Roll an Europa ze spillen, déi noutwendeg ass, fir dass eist Land a méi engem groussen Europa op der Landkaart bleift.

Véiert a lescht Remarque ass dann déi, déi elo lues a lues, nodeem dann den Owend de Fall vum Här Jaerling gekläert ass, héchstwahrscheinlech eis...

#### (Interruptions)

...déi nächst Deeg a Woche wäert beschäftegen. D'Diskussioun huet jo ugefaangen...

#### (Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Dat ass déi Diskussioun, wéi a wou an op wat fir enger Plaz a welleche Stellwäert déi nächst Europawahlen dann am politesche Kalenner vun eise Land sech wäerten artikuléieren.

Et gëtt Leit, déi mengen, dass ee mat enger Trennung vum Datum eleng de wesentleche Problem, dee sech stellt, kéint léisen. De wesentleche Problem stellt sech an hiren Aen doranner, dass déi europapolitesch Debatt net intensiv genuch gefouert gëtt an am Fong vun de Leit colportéiert gëtt oder iwwerholl gëtt an der Meenung, dass déi Leit, déi en fin de compte gewielt ginn am Kader vun den Europawahlen, d'Mandat am Europa net unhuele wäerten.

Mir sinn der Meenung, dass dat eng falsch Debatt ass, well just den Datum réckelen ännert guer näischt um Fong vun der Debatt wa weider duebel Kandidaturen zougeloooss ginn. Dofir komme mer zrëck op dat wat mer an de Koalitionsverhandlung mat der LSAP ofgemaach hunn, nämlech dass, wann den Datum vun den Nationalwahlen an Europawahlen an Zukunft um selwechten Datum bleift, een dann eng Initiativ soll huele fir ze verhënnern, dass deeselwechten Dag gläichzäiteg Kandidaten op zwou verschiddene Lëschte kandidéiere kënnen.

Den Här Meyers wäert am Numm vun der CSV-Fraktioun an deenen nächste Wochen am Kader vun der Institutionskommissioun eng Proposition virbrénge fir den Artikel 52 vun der Verfassung dahingehend ze änneren, fir ze verhënnern, dass, wann an Zukunft op engem Dag zwou Wahle sinn, ee ka Kandidat op zwou verschiddene Wahlleschten um selwechten Dag sinn.

Mir mengen, dass mer mat där Initiativ am Fong deem entgéintkome wat d'Leit dobausse gären hätten a wat een dobausse bei de Leit an der Diskussioun héiert, nämlech dass se verschidde Leit wielen an aner Leit d'Mandat am Europaparlament unhuelen.

Mir sinn net der Meenung, dass de Fait, dass een den Datum wiesselt, dass een en no vir oder no hanner réckelt, d'Chamberwahl oder d'Europawahl, eleng de Problem géif léisen, dee sech en fin de compte an den Diskussiounen erauskristalliséiert, déi d'Leit hunn.

Mir assortéieren dat mat enger zweeter Proposition, nämlech där fir d'Kandidatenzuel vun zwielef op

sechs Kandidaten erfzesetzen. Dans la mesure wou ee Candidature unique huet, ass déi Noutwendegkeet, déi d'ailleurs 1978 agefouert ginn ass, fir mat duebele Lëschten ze fueren, an eisen Aen och net méi ginn.

Alternativ - an dat hunn ech geschter gesot - kënnen mer eis awer och virstellen, dass een eng Déclaration sur l'honneur géif maachen. Dass een also géif soen, wann ee sech dorobber net géif eeneg ginn, fir mat Candidature unique ze fueren - wat eis Präferenz hätt, déi mir d'ailleurs scho virun zwou Wahle gemaach haten a wou mer keen Accord vu kenger Partei dozou kruten -, wann een also op déi Proposition keen Accord géif fannen, kënnen mir eis och virstellen, dass een alle Kandidaten, déi op der Europalëscht sinn, eng Déclaration sur l'honneur géif ofhuele fir ze soen, dass, wa se dann an d'Europaparlament gewielt sinn, se sech am Virfeld engagéieren, d'Mandat am Europaparlament unzehuelen.

#### ■ Une voix.- Très bien!

■ **M. Michel Wolter** (CSV).- Déi kleng Ännerung eleng géif schonn duergoen, dass bei eis an der Partei, an dat garantéieren ech lech, eng ganz Rei Leit, déi enationalpolitescht Mandat ustriewen, net méi vum selwen op d'Europalëscht géife goen. A wat bei eis an der Partei richtig ass, ass héchstwahrscheinlech an deene meeschten anere Parteien net falsch.

Mir wëllen also net an eng Diskussioun erantriede wéi se de Kollege Bodry vun de Sozialiste geschter nach eng Kéier lancéiert huet, fir ze soen, dass een d'Legislatur soll verkierzen, oder wéi sâi Vizepräsident vun der LSAP d'lescht Woch an engem Artikel un de Statsminister gesot huet, fir d'Legislaturperiod ze verlängeren. Et misst ee sech do eens ginn, ob ee se wëilt verkierzen oder se wëilt verlängeren.

#### (Interruption)

Mir sinn der Meenung, dass een do soll bleiwe wou een ass: Alternativ A, dass ee seet Candidature unique mat Reduktioun op sechs Kandidaten; Alternativ B, Déclaration sur l'honneur vun de Kandidaten, déi sech engagéieren, wa se an d'Europaparlament gewielt ginn, fir dann d'Mandat am Europaparlament unzehuelen. An eisen Aen ass dat eng adequat Antwort op déi Froen, déi d'Leit sech dobausse gestallt hunn an déi se eis och an deene leschten zwou Wahle mindestens schonn dobausse regelméisseg gesot hunn.

Entre parenthèses wëll ech soen, dass d'Leit dat zwar op där enger Sait soen, op där anerer Sait awer schéi regelméisseg an den Europawahlen deene Leit déi meeschte Stëmme gi vun deene se vun Ufank un awer trotzdeem wëssen, dass se net drun denken an d'Europaparlament ze goen. Mä dat ass eng aner Diskussioun.

Zum Ofschloss wëllt ech dat widerhuelen, wat den Här Fayot elo just gesot huet: Et ass den Ofschloss vun enger laanger Prozedur, vun engem laange Prozess, dee mer hei matmaachen. Eis Partei ass der Meenung, dass den Traité wesentlech Verbesserungen, bei allen Ängschten, Iwwerleeungen, Fäertereien, déi ee kann ausdrécken, par rapport zur jëtzege Situation mat sech bréngt. Mir sinn der Meenung, dass, wann den Traité géif ugeholl ginn, en Europa géif virubrénge, dass en et géif erlaben, dass Europa zu 25 funktionsfäeg géif bleiwen, an dofir stëmme mir vun der CSV, wéi an der éischter Liesung och, an der zweeter Liesung geschlossen hei fir dee Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

#### ■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. le Président**.- Merci, Här Wolter. Deen nächste Riedner ass

den honorablen Här Charles Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Charles Goerens** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, opgrond vun eiser Verfassung ratifizéiert de Grand-Duc d'Traitéen, a mir als Chamber hunn d'Aufgab fir haut den Ofschloss ze maache vun engem wichtige Prozess, vun enger wichteger Prozedur. Et ass dee leschten Akt, dee mer maachen nodeem mer an éischter Lecture dem Traité constitutionnel mat enger ganz breeder Majoritéit eis Zoustëmmung ginn hunn, mat 55 Stëmmen.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

Den zweeten Akt war de Referendum, dee Lëtzebuerg net esou gutt gepackt huet wéi mir dat alleguer, déi de Vertrag mat Jo gestëmmt haten, gehofft haten. An dee leschten ass am Fong elo hei fir d'Prozedur, esou wäit wéi se legislative Charakter huet, ofzeschléissen.

Mir hunn alleguer vill geléiert an deem Prozess. Mir hu ganz groussen Undeel geholl un der öffentliche Debatt dobaussen. D'Chamber huet keng Méi gescheit fir duerch d'Land ze goen an d'Leit ze iwwerzeege vun der Noutwendegkeet vun der Ratifikatioun vun deem Traité, an ech muss och wierklech soen an deene Joren alleguer, wou ech Politik maachen, war dat do awer eng vun den intensivsten an interessanteste Phasen, déi mer haten. Et war wierklech en Dialog, wou et ëm d'Substanz gaangen ass, wou et ëm d'Zukunft vum Land gaangen ass, wou et ëm d'Quintessenz vun de vitalen Interesse vun dësem Land goug, a mir kënnen dat nëmme begrëissen.

Dat Eenzegt wat ee bedauere kann, dat ass, datt deen Débat elo schéngt ofgeschloss ze sinn. Dat ass an dat wier net gutt, wa mer eis do géifen aus der Debatt ofmellen. Et muss virugoen. Et muss heibanne virugoen an och dobaussen. Et muss virugoen, well déi Ängschten, déi geäussert goufen, an ech wëll elo emol deene meeschten, déi mat Nee gestëmmt hu beim Traité constitutionnel während dem Referendum, ënnerstelle si hätten effektiv Ängschte gehat: Ängschte virun der Zukunft, Ängschte virun der Ouverture vun der Economie op de Rescht vun Europa, Ängschte virun der Ouverture vun Europa op de Rescht vun der Welt. Do muss een an där emotionaler Debatt - Emotiounen, déi elo bekanntlech zrëckgaange sinn - awer kucken, datt een déi falsch Argumenter an déi Illusioun awer duerch rational Argumenter paréiert.

Ech huelen ee Beispill: Et ass gemengt ginn et hätt eppes mat der Erweiterung vun der Europäescher Unioun no der Türkei ze dinn. Mir gesi jo awer elo opgrond vun där ganzer Evolution säit dem 10. Juli, datt, esou wéi ugekënnegt a wéi mer et och gesot hate während där ganzer Debatt iwwert de Referendum, déi Négociatiounen elo ugefaangen hunn, datt d'Europäesch Unioun elo virun e puer Wochen d'Décision geholl huet fir mat der Türkei Baitrëtsverhandlungen ze féieren.

Et ass an deem ganzen Débat duerchblécke gelooss gi wéi wann d'Adoptioun vum Traité constitutionnel dee Prozess kéint accélérieren. Il n'en est strictement rien. Dee Prozess do ass ugekéiert ginn opgrond vun de bestehenden Texter.

A Frankräich ass de Moment eng Debatt amgang iwwert d'Ouverture vun der EDF op de Kapitalmäert. Och do gëtt gefaart de Service public, deem och d'Stroumversuergung gehéiert, wier besser geschützt wann den Traité net a Kraaft géng trienden. Vu

datt den Traité bis elo nach net a Kraaft getrueden ass, ass dat hei am Fong d'Preuve A plus B, datt och déi Debatt falsch gefouert ginn ass.

Et ass eis vläicht net gelongen, genuch Leit dobaussen ze iwwerzeege, datt mer hei am Land en Intérêt dorun hunn, fir awer déi Avancées sociales, déi an deem ganze Vertragswierk stinn, wat Objet war vum Referendum, weiderzebréngen. Dofir muss een natierlech et fäerdeg bréngen, datt de Vertrag ratifizéiert gëtt vu 25 Länner. Dee Moment kënnen mer de Beweis erbréngen, datt ee mat deem Vertragswierk méi wäit kënnt, och a puncto Sozialpolitik, wéi dat mat de bestehende Vertragswierker de Fall ass.

Et sinn och Plans B versprach ginn oder an Aussicht gestallt ginn. Ech hu bis haut nach kee Plan B gesinn. Dat Eenzegt wat mer bis elo gesinn hunn, dat ass ee Plan D vun der Europäescher Kommissioun, eng Europäesch Kommissioun, déi sech och säit dem 10. Juli, dat wëll ech ganz kloer soen, net mat Ruhm bekleckert huet an där ganzer Debatt.

Ech denken notamment un déi Ausso vum Här Barroso, President vun der Kommissioun, deen Zweifel un der Liewensfäegkeet vun deem Vertragswierk opkomme gelooss huet. Hien ass awer elo deen Alleschten, deen esou eng Zweifel dierft äusseren, wëssend datt mer et hei mat enger Wett op d'Zukunft ze dinn hunn, déi ganz vill Iwwerzeugungsaarbecht brauch a bestëmmt näischt kann ufänke mat deem Demotivationunsschub, deen dann duerch eng onglécklech Äusserung vum Kommissionspräsident gemaach gëtt.

Duerfir de Plan D, dee kann awer och nëmme just eng Chance hu fir dobaussen eriwwerzekommen, wann d'Kommissioun mat enger Zong schwätzt a sech un dat hält wat och de Conseil européen beschloss hat, nämlech de Vertrag net als dout ze erklären, mä dem Vertrag eng weider Chance ze ginn duerch eng verlängert Reflexioun, déi och dann Ulass gëtt zu aneren Debatten.

Mir wënschen eis also, datt alleguer déi, déi Verantwortung an deem Domän hunn: bei der Kommissioun ugefaang, iwwert de Conseil an den eenzelne Memberstater an och hei am Land, sech wierklech op dat Wesentlecht beschränken an deenen Avancées, déi dat Vertragswierk hei méiglech gemaach huet oder géng méiglech maachen, wann et géif a Kraaft trienden, zum Duerchbroch verhëllefen.

Mir wäerten hei an der Chamber, wa mer d'Konklusiounen aus deem ganzen Débat richtig zéien, eis och mussen ëmorganiséieren. Mir wäerte musse vill méi fréi iwwer eenzel Texter schwätzen. Mir hate geschter nach an der Commission des Affaires étrangères eng Debatt iwwert d' Ratifikatioun vun den europäeschen Direktiven. Deen Défi do ass een duebelen, well engersäits hu mer ee relativ grouss Retard opzeschaffen an zweetens wësse mer wéi een dee Retard kann opschaffen, nämlech do duerch, datt een am Virfeld sech autosaiséiert vun den Direktiven, vun de Proposition-de-directive-Texter, déi an déi spezifesch Kommissiounen hält an dann doriwwer scho befénnt ier d'Regierung hire leschten Accord zu engem Text am Conseil vun de Ministeren hält.

Den Défi ass een duebelen, well mer engersäits Retarden opzeschaffen hunn an anerersäits vill méi fréi eis mussen an d'Debatten aschalten. Dat gëtt net einfach an dat beweist och, datt hei d'Chamber am Fong a puncto Europapolitik ee ganz wesentlecht Wuert mazeschwätzen huet. Déi vun de Kollegen heibannen - dat sinn der net wéineg -, déi periodesch op Bréissel an déi eenzel Kommissiounen invitéiert gi vum Europaparlament, fir iwwert d'Aussepolitik

ze schwätzen, iwwert d'Sécherheetspolitik, iwwer „Justice et Affaires intérieures“, iwwert de Paquet financier, wëssen, wéi enk datt d'National- an d'Europapolitik op deem dote Gebitt matenee verzahnt sinn.

Ech hat selwer de Privileg fir an e puer Sitzungen d'Chamber mat anere Kollegen ze verrieden an ech kann lech soen, datt déi Debatte ganz utile sinn an datt et eis do och geléngt Sproochregelungen ze fanne wéi mer kënnen weiderfueren. Eng vun deene leschte gudde Rencontres, déi ech an dësem Zusammenhang wëll erwähnen, dat ass déi vum Här Lamasoure, dee virun d'Finanzkommissioun gaangen ass, fir och ze kucken wéi mer kënnen an Zukunft de Finanzement vun der Europäescher Unioun op méi eng zolidd a berechenbar Basis stellen.

Mir hunn eis als Parlament fréi an deen Débat do ageschalt a mir kënnen och elo schonn d'Argumenter an d'Géigenargumenter weien, a mir kënnen dann och, an dat ass ganz legitim, national Intérète geltend maachen an där Debatt. Déi verschwannen net mat Europa, mä déi kann een dann am Kader vun enger Gesamtapproche, vun enger responsabler Approche mat abrénge. A wat een dat méi fréi mécht, wat et besser ass a manner de Goût huet vum Empêcheur de tourner en rond. Ech géing mer also wënschen, datt mer déi Lektione richtig zéien, datt mer eis och d'Moyene gi fir eis esou ze organiséieren, datt dat weidergeet.

Elo kënnen mer laang épiloguéiere ronderëm d'Fro, ob et utile ass fir laang ze schwätzen iwwert d'Europawahlen. Ech hu perséinlech do eng Meenung. Ech sinn der Meenung, datt een déi Fro do an hir Importenz net soll iwwerschätzen, jiddefalls net a Bezuch op d'Akzeptanz vum Vertragswierk oder net. Wann nämlech déi Fro géng eng iwwerragend Roll spillen, dann hätt dat a Frankräich an och an Holland, wou déi zwou Wahle ganz kloer getrennt sinn, net dierfen zu där doter Oflehnung féieren. Dat do geet bestëmmt net duer fir elo d'Fro ofzefäerdeg, ob ee soll d'Wahlen deeselwechten Dag maachen oder net, mä et ass jiddefalls en Hiweis, datt ee muss vill méi nuancéiert un déi do Problematik erugoen, an et soll een déi an hirer Fro net iwwerdreiwlen.

Tatsaach ass, datt een, deen als Deputéierte wëllt seng Aufgab richtig maachen, zu iwwer 50% vu senger Zäit sech muss mat europäesche Froen ofginn, an Tatsaach ass och, datt deen, deen am Europaparlament ass oder am Conseil européen oder an engem Conseil vun de Ministeren, an iergendengem Fachrot, sech och muss Gedanke maache wat den Impakt vun där doter Politik op d'national Gegebenheeten ass.

An eng vun deene grouss Froen, déi eis haut plot, dat ass jo déi: Wéi kënnen mer eis - an dat sinn d'Ängschte vun de Leit - an enger Period vu Globalisatioun esou organiséieren, national an och mat aneren zesummen, datt mer déi Efete vun där brutaler, vun där wëller Globalisatioun kënnen atténuéieren op eist nationaalt Gebaren. An do hu mer eng enorm Chance, datt mer eis kënnen hannert deem Paravent vun der Europäescher Unioun esou organiséieren, datt mer zwar eis net kënnen dem Défi vun der Globalisatioun entzéien, mä datt mer awer zumindest kënnen verschiddenen Avancées, déi do op eis duerkommen, d'Spëtz brieden.

Dat gëllt fir déi nächst WTO-Verhandlungen, déi an d'Haus stinn an déi vun enger onwahrscheinlech grousser Importenz sinn, net nëmme fir déi Ronn, dee fënneften Deel, dee Lëtzebuerg an der grande exportation muss eraféieren, mä och fir de Fonctionnement vum europäesche Binnemaart, well dat wat an de Regelen, déi de



Welthandel bestëmmen, gëllt, dat ass net neutral op d'europäesch Handelsliewen an och net op eist nationaalt Gebaren an deem doten Domän.

Wann een d'Méiglechkeet huet e bësse mat Leit ausserhalb vun der Europäescher Unioun ze schwätzen, da gëtt dës Europäesch Unioun nach ëmmer als e groussen Hoffnungsträger an e wichtige Ankerpunkt betruecht. An et gëtt wierklech keng crédibel Alternativ, jiddefalls keng Alternativ, déi esou gutt wier, datt se eis géif vun deem duebelen Effort vum Approfondissement a vum Elargissement entbannen.

Ech mengen, déi Messagen hu mer an deem ganzen Débat versicht eriwwerze kréien. Ech mengen d'Chamber ka sech honoréieren, datt se dat intensiv gemaach huet, an ech mengen och gutt gemaach huet. Ech wollt och an deem Kompliment do d'Personal vun der Chamber, wat do all Dag mat dobausse war, mat aschléissen a se opfuederen, sech och prett ze hale fir eventuell en nächsten Exercice, wann nach eng Kéier esou een op eis duerkéim.

Wann ech soen, datt d'Chamber a mir als Politiker alleguer, jiddefalls an der ganz grousser Majoritéit, pour ainsi dire tout le monde, bereet sinn an deenen Debatten do matzemaachen, da muss niewent der Bereetschaft vun der Chamber fir ze dialoguéieren awer och eng ganz kloer Bereetschaft dobaussen erkennbar gi fir déi Offer vum Dialog opzehuelen.

Nun ass et awer esou, datt d'Société civile och nâischt esou Homogenes ass wéi dat heiansdo duergestallt gëtt, well eenzel Deeler an där Société civile hunn an deem Débat do ganz gutt matgemaach, ob se elo dofir waren oder dogéint, mä et ass mir awer och net eleng opgefall, datt der an där Société civile och sinn, déi iwwert déi do wichteg Froe keng Meinung haten. Ech ginn dovun aus, bei deenen, déi sech net doriwwer geäussert hunn, datt deenen hir Interessen a ganz enke Grenze sinn. Vun deene jiddefalls huele mer de Virwurf net un, mir hätten eist net gemaach fir d'Leit ze iwwerzeegen, well fir Meinungge kënnen mateneen ausgetauscht muss een emol fir d'alleréischte eng Meinung hunn.

Mir haten eng Meinung, mir sinn dofir kritisiéiert ginn. Et ass gemengt ginn d'Chamber géif souwiso, egal wat géing geschéien, dat hei stëmmen. Dat war net esou. Mir kënnen och haut den Owend soen, datt d'Chamber Wuert gehal huet. D'Chamber huet Wuert gehal, ob scho mer alleguer als Gelungener betruecht ginn dobaussen, well mer eis un dat hale wat mer ofgemaach haten, un dee Pakt, dee mer virgeschloen hunn an un deen den Här Fayot - deem ech och wëll Merci soe fir seng gutt Aarbecht an deem ganze Prozess - nach eng Kéier erënnert huet. Mir hunn eis hei an enger Resolution och eestëmmeg déi Kéier dofir ausgeschwat, fir deem wat den 10. Juli géing erakomme beim Referendum Rechnung ze droen.

Ech hunn elo vun deenen allermeeschten hei an der Chamber geschwat. Ech wëll elo wierklech kee Sträit a menger Noperschaft hei an der Chamber kréien, mä mir fällt op an engem Interview am Forum, datt d'Madame Vera Spautz do zimlech provokativ gëtt - wat ee vun hir net gewinnt ass, well si géing sech wahrscheinlech léiwer d'Zong ofbäisse wéi provokativ ginn -, an hir Provokatioun besteet doranner, fir an deem Interview ze soen, datt d'Deputéierten aus dem Süde sech missten iwwerleeën, mat Hibleck op den Ausgang vum Referendum, ob se sollten dofir stëmmen, Jo oder Neen. Si huet alerdéngs net d'Äntwert geliwwert, ob ee soll dofir stëmmen oder dergéint. Ech hat gemengt, déi Fro wier gekläert.

Ech sinn also emol gespaant wéi dat do ausgeet, an ech hoffen och,

datt mer den Owend am Fong an deem Message, deen dës Chamber ofgëtt, a voller Harmonie si mat deem wat mer, net nëmme säit dem 10. Juli, mä och en amont vun där Debatt, un Zeechen no bausse vun eis ginn hunn. Ech sinn also voller Vertrauen, datt mer och zu där Resolution stinn, déi mer vimum Referendum geholl hunn, an ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**Mme Colette Flesch (DP).** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Als nächste Riedner ass agedroen den honorabelen Här Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

**M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 10. Juli huet sech eng Majoritéit vun de Lëtzebuerger per Referendum fir den Text vun enger europäescher Verfassung oder engem Verfassungsvertrag ausgeschwat. Et war eng kloer Majoritéit. Et war eng Majoritéit, déi net contestabel ass, mä et war awer eng Majoritéit, dat muss een aschränkend soen, déi alles anescht wéi iwwerwältegend war.

Et bleift e Fait, dass eng däitlech Majoritéit vun de Lëtzebuerger Jo zu deem Entworf vun engem europäesche Verfassungstraité gesot huet, mä et ass awer eng staark Minoritéit, déi och iwwert hiren Neen eng grouss Skepsis a souguer deelweis eng Oflehnung par rapport zu Europa, zu Deelaspekter vun Europa manner vläicht wéi zum Text selwer, zum Ausdrock bruecht huet.

Andeem d'Chamber an éischter Lecture dee Verfassungstext guttgeheescht huet, geet also haut déi legislativ Ratifikatiounsprozedur weider mat deem zweete Vote, deen d'Verfassung virschreift; dat ass eigentlech dann dee leschten Akt vum Parlament a vun der ganzer Prozedur.

Als LSAP wäerte mer dësen Text stëmmen. Mir confirméieren domadder déi Positioun, déi mer als Partei ageholl hate beim éischte Vote hei an der Chamber, den 28. Juni dëst Joer, a mir unerkennen a respektéiere selbstverständlech och déi souverän Entscheedung vum Lëtzebuerger Wieler, wéi mer dat am Virfeld och hei an der Chamber ugekënnegt haten.

Ech mengen et soll een nach eng Kéier erviruffen, erënnere, dass deen europäeschen Traité dräi Hauptziler verfolgegt: Europa méi demokratesch, Europa méi transparent an Europa méi wirksam ze maachen.

E Fait ass, dass par rapport zu den aktuellen Traitéen, déi elo gëllen, deen neien europäeschen Traité keng Régressioun duerstellt, kee Recul a kengem eenzege Punkt beinhalt, dass Verbesserungen dra sinn, besonnesch an deenen Deeler 1 an 2, den éischten Deel, deen iwwert d'Institutione schwätzt, den zweeten Deel, deen d'Charta vun de Grundrechter festleet, an dass souguer an deem ganz contestéierten an deelweis och contestablen drëtten Deel, deen awer haaptsächlech déi bestehend Traitéen iwwerhëlt, eenzel positiv Modifikatiounen dra sinn, wéi zum Beispill déi horizontal Sozialklausel, déi an deem drëtten Deel vum Traité dran ass.

Deen neien Text ass, mat all sengen Imperfekiounen, déi esou en Text muss hunn, deen deen dote Werdegang hannert sech huet an deen dee gemeinsamen Nenner do muss reflektéieren tëschent 25 verschiddene Länner, tëschent verschiddene politeschen, philosopheschen a kulturellen Sensibilitäten, an deene Kompromësser, déi e beinhalt, a bleift an eisen Aen als gemeinsame Verfassungsentwurf dee beschméiglechen Text, dee momentan méiglech ass, deen opgrond vun deem politesche Kräfte-

verhältnis an Europa an an deenen eenzelne Memberstaten an dësem Moment denkbar ass.

D'Kräfteverhältnis am Europaparlament, d'Kräfteverhältnis an deene 25 nationale Parlamenter respektiv nationale Regierungen an dat Kräfteverhältnis an Europa - an dat soen ech och als Verrieder vun der LSAP - ass momentan kee sozialistescht. An déi lescht Wahlen, déi komm sinn an Däitschland a besonnesch a Polen, maache sécherlech d'Situatioun an d'Debatt mat den Diskussiounen net méi einfach an deenen nächste Wochen a Méint zu deenen dote Froe vun Europa. Wann ee gesäit, dass sech notamment a Polen en traditionell konservativen, nationalistesche Kurs duerchgesat huet, deen de vent en poupe huet, sou wäert dat sécherlech net dozou bäidroen, déi Diskussioun an Europa méi einfach an der nächster Zäit kënnen ze féieren.

**(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

Fir eis Partei war a bleift et richtig, dass mer de Referendum hei zu Lëtzebuerg duerchgefouert hunn, an et war a bleift richtig, dass mer Jo zu deem doten Text gesot hunn als Partei. Och wann Deeler vun eiselem Electorat beim Referendum eis net op deem Wee do gefollegt sinn; wat iwwregens praktesch fir all d'Parteie gëllt, déi eng méi, déi aner manner, jiddereen huet Deeler vum Electorat, déi net déi Positioun an deem Referendum zu Dag bruecht hunn, wat hir Parteien, wann een dat kann esou soen, offiziell als Positioun duergeluecht hunn. Dat muss selbstverständlech all Partei ze denke ginn an dat gëlt selbstverständlech och fir d'LSAP. Mir mussen eis natierlech mat dem Text selwer, mä och mat deene Kritiken zum Text ausenaner setzen.

Ech mengen de Ben Fayot ass a sengem exzellente Rapport hei, deen hie virgedroen huet, op déi zwee wesentlech Punkte vun Oflehnungsgrënn agaangen. Déi sozial Veronsécherung, Existenzängschte vu ville Bierger am Zusammenhang mat Europa, am Zusammenhang mat der Globaliséierung, an déi zweet Fro vun der EU-Erweiterung, woubäi oft e Lien besteet vun deem engen zu deem aneren. Alles dat, wat hie gesot huet, brauch ech net nach eng Kéier hei ze widderhuelen, dat féint meng honnertprozenteg Zoustëmmung.

Mir mussen eis also verstärkt mat deenen dote Froen ausernee setzen an och konkret weisen, dass Europa versicht Deeläntwerten op déi Ängschten do ze ginn. Dat wäerte mer erëmfannen an der Erëmnégociatioun vun der sou genannte Bolkestein-Direktiv, an déi Fro do wäerte mer erëmfanne bei der Nécessitéit fir och de sou genannte Service d'Intérêt général an Europa ze definéieren.

Dat muss mer an deenen nächste Méint ronn kréien, dat gehéiert zu där ganzer Fro vun der Liberaliséierung vun den Dénsgschtleestungen an Europa. An esou Iddië wéi Globaliséierungsfongen an Ähnlecher sinn interessant Iddien, déi awer probéieren op eng Rei vu Kritiken an Ängschte vun de Bierger anzegoen. Déi Debatten, mengen ech, muss mer féieren a mer muss se och zu Konklusione féieren an deenen nächste Méint.

Et sinn am Fong véier Kärfroen, déi sech stellen an der Debatt ronderëm Europa, déi direkt mat deem heite Prozess vun der Verfassung ze dinn hunn, mä déi awer och sécherlech doriwwer eraus vu grousser Bedeutung sinn.

Déi éischt Fro: Wat ass d'Endzil vun der Europäescher Unioun? Wat wëlle mer eigentlech als Endzil erreechen?

Déi zweet Fro: Wat sinn d'Grenze vun där Europäescher Unioun, och besonnesch déi geographesch Grenze vun där Europäescher Unioun? Wat sinn d'Ambitiounen vun enger europäescher Aussen- a Sécherheetspolitik? A schliesslech, wat fir eng Zukunft gesi mer fir eisen europäesche Sozial- a Wirtschaftsmodell?

Dat sinn déi grondleeënd Froen, déi an deenen Debatten, deenen nationalen an deenen europäeschen, ronderëm Europa wäerten zum Kärstéck gehéieren a wou et och wichteg ass, dass all politesch Partei versicht sech an deenen doten Debatten ze positionéieren.

Déi Debatt soll jo e bëssen eng Äntwert op dat Nee vun de franséische Wieler, dat Nee vun den hollännesche Wieler zu deem europäesche Verfassungsvertrag duerstellen, an ech muss soen, dass ech meng Enttäuschung hei muss ausdrécken iwwert dat, wat bis elo eigentlech an där sou genannter Denkphas - ech mengen et wär wierklech méi richtig et als Denkpaus ze bezeechnen - vun neien Iddië komm ass.

Déi Décisioun fir déi Denkperiod do anzeleeën an eigentlech de Ratifizéierungsprozess ze suspendéiere während enger Rei vu Méint bis zum Fréijoor d'nächst Joer, déi d'Regierungs- an d'Statschefe geholl hunn am Juli dëst Joer, dozou muss ee soen, dass an deenen éischten dräi, véier Méint do net herrlech vill passéiert ass op euroäeschem Plang, mä och op nationale Pläng ass an Europa net schrecklech vill passéiert. Dat schéngt jo e gewëssenen, géif ech soen, Problem duerzustellen, wéi ee soll erakommen aus där Situatioun, an där mer an Europa stinn an deem Prozess, deen awer momentan relativ festgefuer ze si schéngt wat d'Radifikatioun vun deenen neien europäeschen Traitéen ugeet.

Et muss een elo ofwaarden, wat dee sou genannte Plan D fir Demokratie, Dialog an Débat vun der Kommissioun mat sech bréngt, ob dat nëmme Sloganen an eidel Wieder sinn, oder ob sech hannedru wierklech de reelle Wëlle verstoppt, fir bis d'Fréijoor d'nächst Joer eng grouss öffentlech Debatt an Europa a sämtleche Memberstaten ze féieren, fir Äntwerten ze fannen op déi Kritiken an domadder ze probéieren, Europa erëm en eigentlecht Zil ze ginn an nei Impulser fir déi ganz europäesch Politik ze schafen.

Et gesäit een, dass am Europaparlament, géif ech soen, vun allen Institutione momentan nach am meeschten iwwer all déi dote Froen diskutéiert gëtt, an dass do zwar vill diskutéiert gëtt, mä dass et do bal esou vill Meinungge gëtt wéi Leit an deem Europaparlament sinn. Dat sinn der relativ vill. Wann ee kuckt wat an deene leschte puer Wochen nëmme vun Iddien alles do komm ass vu verschiddene Säiten, da mécht een dat net onbedéngt méi optimistescht iwwert de Fortgang vun där doter Diskussioun.

Wann ee kuckt wat déi parlamentaresch Berichterstatter Duff a Voggenhuber vu sech ginn hunn, déi soen, et soll een elo deen alen Text vergiessen an direkt un en neie Verfassungstext erugeen; wann een dann d'Iddi derniewent hält vun engem Elmar Brok, deen de Contraire behaupt, dee seet: Neen, elo setze mer de Verfassungstext a Kraaft esou wéi e virläit an duerno maache mer dann direkt en neie Prozess vu Revisioun vun deem Verfassungsvertrag; oder wann ee Leit wéi de Jo Leinen oder anerer och vun der sozialistescher Fraktioun héiert, déi soen: Loosse mer eis fir d'éischt manner ëm den Text bekëmmern, mä ëm de Kontext vun der Diskussioun iwwert d'europäesch Verfassung a loosse mer fir d'éischt déi praktesch Dossiere léise wéi zum Beispill d'Finanzperspektiven, loosse mer eis do eens setzen op deene wesentleche

Punkten, déi elo an der politescher Diskussioun an Europa sinn, an da loosse mer kucken, wéi mer da weiderfuere mat dem Ratifikationsprozess ronderëm déi nei europäesch Verfassung, da gesäit een, wéi wäit dat ausernee geet.

Wat ee besonnesch erfëieren deet, dat ass awer déi allgemeng Stëll bei deenen eenzelnen nationale Regierungen an och bei deenen eenzelnen nationalen Parlamenter. Ech mengen, do soll ee keen ausklammern, mir sinn do alleguer am selwechte Boot. Dat ass eng ganz zögerlech Debatt, déi do ugeet an eenzelne Länner.

Irland schéngt e bësse virzepreschen an där doter Form, andeem se de Forumsystem iwwerholl hunn a versichen do also eng öffentlech Debatt national ze féieren. Et war emol och eng eenzel Initiativ an der Belsch. Och zu Lëtzebuerg war eng Initiativ geholl gi vum delegierte Minister, dem Nicolas Schmit, deen och eng Rei vu Leit, Perséinlechkeeten hei zesummegeuff huet, fir iwwert d'Zukunft vun Europa, notamment och vum sozialen Europa ze diskutéieren.

Dat si gutt Initiativen, an där brauche mer vill méi an deenen nächste Méint, wa mer wëllen aus där Sakgaass do erauskommen, wou mer manifestement dra si fir de Moment, a wou kee méi esou richtig weess, wéi dee ganze Prozess erëm soll richtig ugekuerbelt ginn.

Besonnesch, an do stëmmen ech dem Ben Fayot ausdrécklech zou, kann een natierlech vun deene Statene erwaarden, déi sech mat Non ausgedréckt hunn, respektiv déi eigentlech net méi ratifizéiere wëllen, dass si elo mat Iddië kommen, dass si elo mat konkrete Virschléi kommen, wou se dann Ännerunge vum Text wëlle kréien, fir dass ee kann iwwerpräiwen, ob déi Modifikatiounen do, déi si am Kapp hunn, konsensfäeg sinn, ob déi kënnen den Accord fanne vun deenen aneren, ob iwwerhaupt eng Chance besteet den Text op deem engen oder deem anere Punkt ze änneren.

Fir dat kënnen ze maache mussen awer emol Iddië kommen, muss Virschléi kommen, fir ze präiwen ob et iwwerhaupt denkbar ass, an eng punktuell Revisioun vun deem urspringlechen Text eranzegoen.

Ech perséinlech si ganz skeptesch, ebe wéinst deene Majoritéitsverhältnissen, déi een an Europa an deenen eenzelne Memberstaten huet, ob sech fundamental eppes un deem Text, esou wéi en haut virläit a wéi d'Lëtzebuerger Parlament sech och uschéckt e guttzeheeschen, ännere kann.

Do ass eng Regierung, déi d'Ausnahm duerstellt, dat ass déi franséisch. Mä dat geet och net grad an der Harmonie iwwert d'Bühn, do schéngt och d'Konfusioun méi staark ze si wéi d'Kohesioun an deem Ganzen. Den Här Douste-Blazy ass net midd ginn a leschter Zäit vun enger Avantgarde ze schwätzen, vun engem Noyau dur ze schwätzen, vun engem Groupe pionier ze schwätze vun europäesche Staten, déi elo misste virpreschen. Dat ass déi al Theorie vun de Cerclen, vun den Noyauduren, déi missten eng Initiativ huelen.

Op där anerer Säit bréngt den Här Sarkozy dat dann nach an en anert Kleed eran a schwätzt vun deene sechs Groussen, deene sechs grouse Länner, déi missten eng Initiativ huelen. Dat riskéiert natierlech um Bockel ze lafe vun deene ville mëttleren a klenge Memberstate vun der Europäescher Unioun, a wat d'Gemeinsamkeet tëschent Länner wéi Frankräich a Polen a Spuenien ass, an Italien an, an, an, dat ass mer och éischter nach e bëssen onkloer. Esou dass ech mengen, dass och déi dote Beiträg eis an der allgemenger Diskussioun an Europa häerzlech wéineng konkret weiderbréngen an där Fro, déi eis haut beschäftegt.



Ech mengen also, dass et ganz kloer ass, dass mer als Lëtzebuerg, als dat 14. Land wat deen heiten EU-Verfassungsentwurf guttheescht, eis och mussen zu Wuert mellen an där Debatt do. Dat do ka keng Fro sinn, déi een anere Länner iwwerléisst an an där een einfach nëmme Spectateur wär vun enger Debatt, déi anerer géife féieren.

Och wa mer hei Faarf bekennen an där Diskussioun mat där Ofstëmmung haut am Parlament, ass et awer gradesou kloer, dass mer eis mussen zu Wuert mellen an dass mer an där Debatt do och probéiere mussen ze hëllefen aus där verfuereener Situatioun erauszekommen.

Dee Jo, dee mer haut ginn, kann eng kleng Hëllef an där Diskussioun do duerstellen. Et ass jo net wéi wa mer näischt géife soen an där Debatt. De Jo, dee sech am Referendum duerchgesat huet, dee sech och haut an der Chamber an der zweeter Lecture wäert duerchsetzen, dat ass e Jo, deen eppes ausseet, deen unerkennt, dass en Effort gemaach ginn ass fir Europa weiderzebréngen, dee beweist, dass mer à ce stade mengen, dass opgrond vun deem Kräfteverhältnis dat doten deen Text ass, deen nach wie vor - et sief mir géifen enges Bessere beléiert ginn - e Konsensus kann duerstellen tëschent alle Staten.

Ech wollt awer nach virun allem op eppes hiweisen an dat widderhuelen, wat ech schonn am Numm vu menger Fraktioun gesot hu bei der éischter Lecture hei am Parlament: Et ass egal wéi de Referendum ausgeet, mä mir mussen zwou Saachen hei als Parlament maachen, an dat si wichteg Hausaufgaben, déi op eis duerkommen, an déi ka keen eis esou richteg ewechhuelen.

Éischtens emol musse mer d'Chamber an d'Aarbechtsweis vun der Chamber, wat europäesch Dossierien ugeet, enger fundamentaler Reform ënnerwerfen. Do brauche mer net onbedéngt nei Texter oder Gesetzer, mä do brauche mer haaptsächlech de politesche Wëlle fir dat ze maachen, fir dass mer eis selwer Aarbechtsinstrumenter ginn, dass mer eis selwer Prozedure ginn, déi natierlech versiche mat der Regierung ofzeschwätzen, wéi mir un europäesch Dossierien eruginn, a wat fir engem Stadium dass mer un europäesch Dossierien eruginn, wéini dass mer eis als Parlament politesch äusseren zum Inhalt vu Propositionen, vun Direktiven.

Dat kann net esou bleiwe wéi et elo traditionell ass, dass mer dat ganz zum Schluss maachen, wann all Décisiounen scho geholl si ginn am Virfeld. Dat musse mer an enger fréierer Phas vun der europäescher Prozedur maachen, an dat bedeit, dass mer eis Aarbechtsweis awer total ëmkrempelen an dass mer eis och Mëttele ginn, fir dat ze maachen.

Zweete Punkt ass gradesou kloer d'Fro: Wéi kënnen mer erreechen, dass mer zumindest bei den Europawahlen och eng Debatt iwwer Europa kréien? Elo gëtt et x Weeër fir dat ze maachen. Ech mengen net onbedéngt, dass den Datum vun den Europawahlen de kruzialste Punkt an deem Ganzen ass. Et ass eent vun den Elementer, déi ee muss berücksichtegen. Ech mengen also, dass ee viles muss kucken.

Wéi kënnen mer erreechen, dass mer bei deenen Europawahlen, bei deem Rendez-vous, deen een all fënnef Joer huet iwwert d'Bestëmmung vun den nationale Vertrieder am Europaparlament, och eng öffentlech Debatt hei zu Lëtzebuerg iwwer Europa kréien?

Dat ass ganz schwéier, wann d'Nationalwahlen gläichzäiteg falen, an duerfir ass déi Diskussioun jo komm, fir terminéisseg déi zwou Saachen ze trennen. Et muss een natierlech soen, dass an deene

Länner - dat si jo all déi aner -, wou een déi Trennung huet, do oft bei Europawahlen och iwwer Nationales diskutéiert gëtt, a virun allem iwwer Nationales diskutéiert gëtt, an oft nëmmen an zweeter Instanz och europäesch Froe wierklech am Virdergrond vun der öffentlecher Debatt stinn.

Et ass och net onbedéngt déi grouss Léisung, wa mer dat trennen. Wat natierlech och interessant ass a wat nach dobäikënn, dat ass, dass mer eppes erreechen, nämlech dass déi Leit, déi gewielt ginn, och akzeptéieren an d'Europaparlament setzen ze goen an dat Mandat auszeübe wat se kritt hunn.

Mir hunn awer hei Bedenken op dee Wee ze goen, wéi d'CSV et elo wëllt maachen, fir d'Verfassung ze änneren an eng Aart Onvereinbarkeet bei Kandidaturen an d'Verfassung eranzeschreien. Dat ass eppes wat contraire ass zu eisem System wéi mer et bis elo kennen. Wa mer dat maachen, da musse mer et awer bei all Wahlen maachen, an da musse mer och garantéieren, dass Leit, déi sech fir d'Nationalwahlen mellen, hir Mandater unhuelen.

#### (Interruption)

An da musse mer och do kucken, wann do Onvereinbarkeete bestinn, ob déi iwwerhaapt nach Kandidat bei nationale Wahlen däerfe sinn. Oder muss een déi Fro vun der Onvereinbarkeet net am Virfeld klären? Wann een elo also op dee Wee geet, wéi d'CSV dat wëllt maachen, da mengen ech musse mer eng global Léisung hunn an da musse mer kucken, wat an der Vergaangenheet vläicht emol schif gelaf ass op där enger oder anerer Plaz, an da kucken, ob een dat ka verfassungsméisseg an en akzeptabelt Kleed erabréngen. Dat ass fir mech äussert fraglech an ech gleewen also éischter, dass mer mat der Reduzéierung vun de Kandidature scho viles erreechen.

Wa mer vun zwielef op sechs erofginn, dann ass d'Begeeschterung fir op den éischte Plazen ze verzichten scho vill méi kleng, well de Risiko, dass op eemol kee méi kënnt noréckelen, ass da relativ grouss. Wann een dat och nach ka verbanne mat enger Eierenerklärung vum eenzelne Kandidat, dass hie seet, ech huelen dat Mandat un, wann de Wieler dat esou fir richteg fënn, wann hie mech stäerkt fir mech op déi richteg Plaz do ze schécken, da mengen ech, dann hätte mer scho viles erreecht. An ech spieren iergendwéi eraus, wa mer e Konsens hei wëllen tëschent de Parteien kréien, dass mer eis wahrscheinlech an déi dote Richtung wäerten hi bewegen. All de Rescht gëtt relativ komplizéiert an et wäert d'Schwiergkeet sinn, mengen ech, eng grouss Mehrheit op all deenen anere Punkten hei zesummenzebréngen.

Här President, ech kommen zum Schluss vu mengen Ausféierungen. De Ben Fayot huet gesot, dëse Verfassungstext ass net dout. Dat ass richteg, soss géife mer haut wahrscheinlech net doriwwer diskutéieren. Dëse Verfassungstext ass eleng schonn net dout, well d'Majoritéit vun de Memberstaten an der EU e scho guttgeheescht hunn.

Dësen Text - soten aner Leit - ass an Anästhesie, en ass am Déifschlof, a mir hätte gären als Sozialisten, dass hien an d'Reanimationsabteilung géif kommen, an dass mer et fäerdeg bréngen, iwwer eng Ukuerbelung vun der öffentlecher Debatt ze kucken, ob et eng Alternativ zu deem Text gëtt, déi hire Wee ka goen, déi konsensfäeg ass, oder op de gemeinsamen Nenner ze kucken, deen nach wie vor deen doten Text haut ass. A wann dat de Fall ass, mengen ech, dass deen Text effektiv net dout ass an dass e ganz oder deelweis wäert iergendwann eng Kéier an deenen nächste Joren a Kraaft trieden. Duerfir mengen ech,

dass dee Jo, dee mer haut an der Chamber soen, net e symbolesche Jo ass, mä e Jo ass, deen en Impakt no baussen huet, an duerfir solle mer deen och méiglechst kräfteg ausdrécken.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Bodry. Den nächste Riedner ass den Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, ech wëll direkt do enchainéiere wou mäi Virriedner opgehale huet, fir ze soen, dass et effektiv vläicht no baussen e bëssen esou ausgesinn hätt wéi wann dat heiten haut eng Formalitéit wär, wéi dass mer eigentlech just géingen aus formale Grënn de Knäppchen haut drécke fir deem Rechnung ze droe wat beim Referendum den 10. Juli erauskomm ass, sou wéi mer eis d'Wuert ginn haten an den Debatten am Juli an déi Resolutioun jo ofgestëmmt hu wou mer gesot hunn, mir géinge strictement dat respektéieren, wat d'Leit soen.

Mä ech mengen effektiv, dass et hei schonn eng éischt Etapp muss sinn, wou een och e bësselchen iwwert dat erauskuckt; wéi meng Virriedner dat och bis elo gemaach hunn. An ech wëll vläicht emol nach eng Kéier am Virfeld drun erënneren, fir dann herno eng Rei Proposen ze maache wéi mir mengen - mengen ass elo vill gesot - oder loosse mer soen, wéi mir eis kéinte virstellen, dass een en Auswee kéint aus där Situatioun hei fannen.

Mir hunn eis majoritär an eiser Partei entscheed, fir fir dëse Verfassungstext ze stëmmen, aus haaptsächlech véier Grënn:

Deen éischten dat war, dass mer gesot hunn, mir hu bis elo an der Europäescher Unioun eng Unioun gehat, déi haaptsächlech op wirtschaftspolitesch Elementer opgebaut huet, et sinn an den 90er Joren nach déi monetär derbäikomm, mä wat eigentlech gefeelt huet, dat ass eng Definitiv vum Wäerter an Ziler wou mer wëllen histeieren an där Unioun, wéi mer déi Unioun am sozialen, am demokrateschen, am ekologesche Beräich gesinn. An deem éischte Kapitel ginn déi Wäerter an Ziler relativ daitlech a gutt formuléiert. Do gëtt ganz genau beschriwwen, a wéi eng Richtung dass mer déi Europäesch Unioun wëlle vum Inhalt aus hier gestalten.

Een zweete Punkt, firwat mer majoritär der Meenung waren, dass ee soll Jo stëmmen, dat war, dass déi Charta vun de Grondrechter méi eng Verbindlechkeet kritt, dass se virun allem och fir deen Eenzelnen an Zukunft juristesche aklobar wär an dass dat natierlech insgesamt, wat déi gemeinsam Grondrechter ubelaangt an deene 25 respektiv gläich 27 Länner, e wichtige Schrëtt no vir wär am Beräich vun de Mënscherechter.

#### (M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Een drëtten Punkt, dat war d'Reform an d'Verbesserung vun eisen Institutionen.

Un éischter Stell natierlech d'Erweiterung vun de Rechter vum Europaparlament. Iwwert dës Verfassung ginn déi Rechter staark erweidert, an d'Europaparlament gëtt méi doduerjer zu engem richtegen europäesche Législateur.

Un zweeter Stell war natierlech d'Aféierung vum Principe de subsidiarité, dat heescht, méi e grousst Matsproochrecht vun den nationalen Parlamenten - am Virfeld vun der Ausaarbechtung vun an Zukunft dann net méi europäeschen Direk-

tiven, mä europäesche Gesetzgebungen. Ech mengen, dat ass e ganz wichtige Aspekt an dat ass elo scho vu villen heibanne gesot ginn, dass mer selbstverständlech musse kucken - och wann déi Verfassung hei net a Kraaft trëtt - wäitgehendst awer dee Prinzip do schonn unzewennen an eis d'Moyenen och dofir ze gi fir e kënnen unzewennen.

Mir sinn amgaangen um Niveau vum Greffe oder hu schonn eng ganz Rei vu Saachen ëmstrukturiert an dat wëlle mer nach weiderféieren. Mir wëllen och nach eng ganz Rei Saachen um Niveau vun de Fraktiounen verbessern, fir dass mer dee Principe de subsidiarité do scho kënnen uwennen, ob-schonn en eigentlech nach net besteet.

An un drëtter Stell bei der Reform vun den Institutionen war, dass mer eng besser Stëmmege wichtung kréichen, wann Décisiounen sollen um europäeschen Niveau an Zukunft falen.

Dann dee véierte grouss Volet, dat waren eng ganz Rei nei demokratesch Rechter, déi duerch deen Text geschafe gi waren oder ginn. Dat ass natierlech un éischter Stell d'Festschreiwung - wat eiser Meenung no ganz wichtig ass - vum europäesche Sozialdialog, sou wéi mer en zu Lëtzebuerg scho laang kennen, dat heescht en erhiewen op europäeschen Niveau, donc definitiv an d'europäesch Tradition verankeren, an dann natierlech och esou Saache wéi d'Initiativrecht vun de Biergerinnen a Bierger, dat sollt iwwert dësen Text agefouert ginn. Dat waren déi, résuméiert gesot, grouss Punkten, déi eis iwwerzeegt hu fir ze soen, d'Glas ass méi voll wéi eidel an donc fir Jo ze stëmmen.

D'Fro, déi ee sech natierlech elo effektiv muss stellen: Wat geschitt mat deene positiven Elementer do? An ech kommen och nach eng Kéier op eng Rei Niewesaachen ze schwätzen an deem Kontext, déi awer wichtig sinn, déi am Zesummenhang sti mat deene ville Leit, déi den Text kritiséiert hunn an déi dergéint agetruede sinn.

Mir hunn natierlech eng ganz Rei Zeenariolen, déi sech kéinten ofzechnen. Den Här Bodry huet zu Recht hei op eng ganz Rei abenteurerlecher higewisen, déi am europäesche Parlament zur Diskussioun stinn, an hien huet och op den Här Voggenhuber higewisen, wat jo ee Vertrieder ass vun der grénger Blutgrupp, mä wou ech awer muss soen, dass ech mech mat deem, wat den Här Voggenhuber bis elo zum Beschte ginn huet, guer net kann ufrënnen.

Zum Beispill déi waghalseg Iddi fir ze mengen, et misst een elo d'office en neie Konvent aruffen an dann e ganz neien Text aushandelen an da kéim do op wundersame Weise eppes terribel Besseres eraus. Ech hunn net doru gegleef wéi mer dësen Text hei zur Ofstëmmung haten an ech gleewen nach manner drun an der Situatioun wou mer elo sinn, obschonn een effektiv muss soen, dass am Europaparlament zumindest eng Diskussioun stattfënn an dass sech do d'Méi gemaach gëtt fir ze kucken, wéi kënnen mer dann elo aus där Situatioun erauskommen.

Vill méi katastrofal gesäit et aus op deem Niveau wou eigentlech d'Initiativ am meeschte misst kommen, nämlech bei der Kommisioun. An ech sinn definitiv frou, dass déi Gréng den Här Barroso net gestëmmt hunn an deem Europaparlament, well et stellt sech ëmer méi eraus, dass den Här Barroso dee schwachste Kommissionspräsident ass, dee mer wahrscheinlech iwwerhaapt an der Europäescher Unioun oder an der Geschicht vun Europa bis elo haten.

Weill mat deenen Initiativen, déi deen Här hält, trëppelt en entweder op Glatäis an hie vertrëppelt sech direkt, oder hien hält keng,

wéi an deem heiten Dossier, wou en einfach alles lafe léisst. Dat ass natierlech äussert bedauerlech an et muss ee wierklech hoffen, dass d'Kommissioun sech awer elo an deenen nächste Méint zesummegeerappt kritt an dass se eng Rei Initiativen hält fir dee Prozess erëm unzekuerbelen.

Et ass awer, mengen ech, grad wichtig, dass mer op Basis vun deene véier Punkten do an Zukunft beweisen, dass mer wëlles hunn déi weiderzebréngen, well wann een emol kuckt wéi d'Diskussioun an deene meeschten europäesche Länner an och zu Lëtzebuerg gelaf ass, da kann een awer gesinn, dass déi meescht Kritiken, déi bei deene komm sinn, déi Nee gesot hunn, op deene véier Punkten do baséiert hunn.

Dat heescht, vu dass mer jo elo deen Text do am Moment emol nach net kréien, all déi méi - loosse mer emol entre guillemets soen - „negativ Saachen“, déi an deem Kapitel III beschriwwen sinn, si jo a Kraaft, déi gëtt et haut; an alles dat, wat positiv ass, wat Verbesserung sinn, hu mer net. Duerfir ass et awer wichtig, wa mer wëllen deenen iwwer 40%, deene meeschten, Rechnung droen, déi zu Recht, jiddfereen zwar a verschiddene Saachen, mä déi awer all an deem Zesummenhang gréisstendeels d'Emprise gewisen hunn, dass mer versiche mussen, grad déi Kapiteelen awer iergendwéi gerett ze kréien.

An déi Kritiken - an do ass och zu Recht vum Här Bodry drop higewise ginn -, et ass an alle Parteien esou gewiescht, dass et gréisstendeels minoritär Stréimunge gi sinn, déi Problemer mam Text haten. Och bei eis huet ee Véirel vun eise Kongress dergéint gestëmmt. Mir hunn een Deputéierten an eise Reien, dee géint deen Text war an och nach ass, dee sech natierlech just un d'demokratesch Spillregeln hält an enger Partei, mä et geet jo awer elo drëms ze kucken, wa mer ebe feststellen, dass wéi gesot déi meescht Kritike kommen, da muss ee versichen, grad déi doten Elementer ze retten.

An do gëtt et eng Rei Proposen, déi een awer vläicht kënnt maachen. Et muss ee sech awer wierklech d'Fro stellen, an an auslännesche Parlamenten sinn déi Proposen zum Deel komm, ob een net de Versuch start, dass een zumindest zum Beispill dat Kapitel 1, déi Wäerter an déi Ziler, an och d'Kapitel 2, d'Grondrechtecharta, vläicht emol eng Kéier separat kéint an d'Diskussioun bréngen. Dat heescht, dass een e bësselchen, loosse mer emol esou soen, dat wat an deem gesamten Text, an deem décken Text steet awer e bëssen ausernee splitte geet an dann eenzel Elementer versicht herno frësch an d'Diskussioun ze bréngen.

Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass, wann een d'Kapitel 1 an 2 an Europa géeng an d'Diskussioun bréngen, mer do wahrscheinlech grouss Majoritéite krite fir déi duerchzesetzen. A wéi gesot, et ass sech d'Fro ze stellen, ob een net esou Initiativen hält.

Da sinn awer och aner Aspekter wichtig. Et ass virdrun hei gesot ginn: Mir mussen d'europäesch Debatt méi féiere fir och ze beweisen, dass mer déi iwwer 40%, déi Nee gestëmmt hunn, dass mer deenen hir Suergen eescht huelen. Ech mengen do gëtt et och an der Praxis genuch Geleeënheeten.

Mir féieren eng Diskussioun an deenen nächste Wochen hei am Parlament iwwert d'Lissabon-Strategie. Och do gëtt et vill Aspekter dran, déi mat den Ängschten a Suergen ze dinne hu vun de Géigner, vun deene Leit, déi géint d'Verfassung gestëmmt hunn. Dat heescht, wa mer hei bewiese kënnen iwwert déi Debatt an der Chamber an iwwert déi Beschlossfaassung, déi Resolutioun, déi mer huelen, dass mer dann déi Ängschten a Suergen eescht huelen, men-



gen ech droe mer och e gudden Deel dozou bäi, datt mer erëm eng aner Diskussioun kréien iwwert d'Zukunft vun engem europäesche Verfassungstext.

Ech mengen awer och, datt ee muss eng Diskussioun an dësem Parlament féieren an deenen nächste Méint iwwert den Ëmgank mat dem Referendum, an zwar op e puer Niveauen. Dat Éischt ass emol, mir haten jo schonn e bëssen eng Diskussioun kritt ufanks dës Joers wéi mer iwwer Ausféierungsbestëmmunge geschwat hunn. Bon, aus dem Zäitdrock eraus si mer do net vill weiderkomm. Mir wëssen all haut firwat.

Mir hunn déi Diskussioun nach eng Kéier kritt an der Schlussphas vum Referendum, an ech menge si gëtt wierklech wichteg, wa mer wëllen an Zukunft évitéieren, datt mer ähnlech Zeenarioe kréie wéi mer se elo hate bei deem Referendum, wou een awer muss feststellen, datt de Pour an de Contre e bësse komesch gelaf sinn a komesch diskutéiert gi sinn, well keng fest Kritären do waren.

Ee Beispillerausgehol. Ech hunn eng Kéier hei am Juli nom Referendum gesot, wéi mer de Bilan gezunn hunn, datt et fir mech net normal ass, datt iergendee sech kann definéieren als Vertrieeder vum Non an da kritt deen eng mega Plattform, ouni dass hien de Beweis muss erbréngen, datt hien an der Gesellschaft awer iergendeng gewëss, eng hallefwees akzeptabel oder seriö Representativitéit huet. Et geet net hei drëm fir d'Méiglechkeeten anzëschränke fir zum Referendum ze kommen oder fir Leit keng Ausrocksméiglechkeeten ze ginn, mä et muss een awer eng Rei Kritäre festsetzen, datt déi Diskussioun och dann eng aner Qualitéit ka kréien, wa mer an Zukunft Referendume sollen ofhalen.

#### (Interruption)

An da musse mer awer och, Här Jaerling - ech si frou, datt Der e klengen Tëscheruff maacht, well ech kommen elo bei Äre Punkt -, eng Diskussioun féieren iwwert den Ëmgank mam Resultat vum Referendum. An do bleift emol fir d'éischt ze soen, datt ech natierlech och erstaunt war iwwert déi Aussoe vun der Madame Vera Spautz am Forum, déi op eemol an eng Richtung geet fir ze soen: Major, eigentlech sinn ech Süd-Deputéierten an ech fille mech donc just de Süd-Deputéierte verpflichtet an donc an där Logik do misst ech hei am Parlament Nee stëmmen, well am Süden déi meescht Leit jo Nee gestëmmt hunn.

Ech wëll éischstens emol der Madame Spautz soen, datt dat contraire ass zu der Positioun vun hirer eegener Partei. Ech kucken den Här Fayot, deen ëmmer e grouse Virkämpfer war fir eng Reform vun eisem System, deen éischerter ëmmer geduecht huet - aus gudde Grënn, fanne mir als Gréng - an der Logik vun engem eenzege Wahlbezierk. Bon, dovun si mer natierlech nach wäit ewech, mä zumindest déi politesch Argumentatioun, déi en ëmmer gefouert huet, ass absolut richteg.

An ech mengen awer, datt mer net ufänke sollen elo hei Diskussiounen ze féieren iwwert d'Zukunft, wa mer iwwer Referendume schwätzen, datt mer dann ufänken a Bezierker oder, et kann een nach méi wäit goen, och nach a Stied ze kucken. Et kann ee jo och nach kucken, wou am Süden am meeschten dergéint gestëmmt ginn ass a wann dann zu Esch et 57% waren an zu Déifferdeng nëmme 54%, da kënnen déi zu Esch zweemol Nee stëmmen. Also dat bréngt eis net weider.

De Referendum huet eigentlech d'Logik vun engem eenzelne Wahlbezierk. De Referendum huet net d'Logik vun de Bezierker. Beim Referendum stëmmt dat ganz Vollek op iwwer eng Fro, mat Jo oder Neen, an dann ass d'Resultat wéi

et nun eemol ass. Wann et Jo ass, dann ass eis Fraktioun der Meenung, datt muss een dat respektéieren. Wann et Neen ass, da muss ee selbstverständlech den Nee respektéieren an dann ass deen Text fort. An dat war och d'Logik an där mer eis zu Recht jo engagéiert hatten.

Da wëll ech dem Här Jaerling soen, datt ech dat besonnesch erstaunlech fanne bei him, well jo awer ëmmerhi seng Fraktioun hei eis nach Lektionen ausgedeelt huet am Juli, wéi eng Motioun hei erabruecht ginn ass a mir opgefuerdert gi sinn, mir wieren ze feig fir, wann et géing mat Neen ausgoen, dann hei och en zweete Vote ze huelen an op de Knäppche mat Neen ze drécken.

Also, wann ech awer dann an där Logik bleiwe vun där Motioun do - Dir hutt déi jo mat ënnerschriwwen -, dann huelen ech jo un, dass Der awer och nach haut am Geescht vun där Motioun denkt vun deem wat Der viru fënnef Méint fir richteg fonnt hutt, da muss ech awer soen, an där Logik misst Der dann op alle Fall haut hei mat Jo stëmmen. Dat schéngt mer awer ganz evident ze sinn, well ansonsten...

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Den Här Huss och.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Neen, den Här Huss ass ganz richteg a senger Logik. Den Här Huss stëmmt haut mat Jo. Den Här Jaerling awer huet do en décke Problem, an den ADR kritt doduerjer och een décke Problem...

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Loosst dat emol eis Suerg sinn.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- ...vun demokratescher Legitimation.

#### (Interruptions diverses)

Här President, den ADR ass jo elo an enger Phas vun Nodenken iwwert d'Struktur an d'Zukunft vun där Partei hirem Numm, a si hunn decidéiert den „A“ an den „R“ aus dem Numm ze sträichen, esou datt just nach den „D“ géif iwwreg bleiwen. Ech mengen an där Logik, Här President, dann decidéiert direkt, maacht ganz Aarbecht a sträicht den „D“ mat eraus. Dann ass dat e bësselche méi éierlech.

Neen, also ech mengen et muss ee wierklech awer oppasse wéi een do mam Wielerwëllen ëmgeet. Fir eis ass et op alle Fall kloer: Wa mer nach gären hätten, datt Referendumen an Zukunft an den Ae vun der Bevölkerung fir fënnef Sou crédibel bleiwen, da kënne mir als...

#### (Interruptions diverses)

Wéi ass et dann do gaangen, Här Jaerling?

#### (Interruption)

Här President, hei zielt de Prinzip: Wann ee mat engem Steen an e Koup Hënn geheit, da billt deen, dee getraff ginn ass. Här Jaerling, Dir wësst ganz genau, datt Der hei schlecht Kaarten hutt.

**M. le Président.**- Loosst eis beim Thema bleiwen.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, wa mer hei de Wielerwëlle wëllen eescht huelen a wa mer gäre virun allem hätten, an dat ass dat Wichtigst, datt Referendumen an Zukunft nach fir zwee Sou solle seriö geholl ginn, da muss mer dat respektéiere wat eruskënnt, och wann et eis net gefält.

Dat wëllt net heeschen, datt een duerno seng Meenung perséinlech muss änneren. Ech mengen, dat hunn den Här Fayot an ech deemools och hei gesot. Och wann et Neen ausgaange wier mam Referendum, dann hätt ech natierlech deen heiten Traité net ratifizéiert, mä ech hätt awer meng Meenung natierlech net d'office geännert. Dat ass jo den Ënnerscheed të-

schent engem senger perséinlecher politescher Meenung an deem wat am Resultat beim Referendum erauskomm ass. An ech mengen dat ass dat wéi mir op alle Fall e Referendum gesinn a wéi mir op alle Fall och gesinn, datt ee muss mat esou eppes ëmgoen.

Här President, ech wëll ofschléissend nach just ee Saz soen zu där Fro vun den Europawahlen. Ech mengen et zeechent sech of, datt mer eis alleguerten eens sinn, datt mer wëllen eppes hei erauskréien, woumat mer wëllen all de Leit beweisen, datt mer éischstens Europa wëllen en anere Stellwäert ginn, an zweetens datt mer dee Wonsch vun de Leit wëllen eescht huele, datt net méi op deene Lëschte Leit kandidéieren, déi net herno och déi Mandater unhuelen. Dat heescht, datt mer déi duebel Kandidaturen évitéieren.

Mir sollen déi Weeër all kucken. Et sinn der elo eng Rei schonn opgezeechent ginn. Mir si bereet op all Wee matzagoen. D'Haaptsaach ass, datt d'Resultat wat eruskënnt dat ass wat d'Leit gären hätten. Dat ass dat Wichtigst, an ech hoffen, datt mer relativ séier do ënnert de Parteien zu enger Eenegung kommen.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Bausch. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härn, den 10. Juli huet Lëtzebuerg an engem Referendum iwwert den EU-Verfassungsvertrag ofgestëmmt mat deem bekannte Resultat: 56,52% hu Jo gestëmmt, 43,48% hunn Nee gestëmmt. D'Chamber setzt haut dëst Resultat op legislativem Plang ëm.

Mir wëssen, datt hei zu Lëtzebuerg de Referendum laut eiser Verfassung net décisionnel ass. Duerfir hunn och mir als ADR schonn uganks des Joers eng Proposition de loi eraginn, fir eis Verfassung ëmzeänneren, fir datt e Referendum décisionnel sollt ginn. Dat war net machbar, sief et opgrond vum politesche Konsens oder opgrond vun Zäiten.

D'Chamber huet deem Rechnung gedroen andeem se den 8. Juni heibannen eng Resolution gestëmmt huet, wou se festgehalten huet: «décide de ne procéder au second vote constitutionnel qu'en cas d'approbation populaire du Traité établissant une Constitution pour l'Europe». Dat heescht an anere Wieder: Wa beim Referendum d'Resultat Nee gewiescht wier, hätte mer haut hei déi Diskussioun net gefouert an den Traité wier net ratifizéiert ginn.

D'Parteien - a mäi Fraktiounsprsidentskollege François Bausch huet elo grad hei gesot, d'CSV, d'LSAP, d'DP an DÉI GRÉNG, déi als Partei fir de Jo agetratt sinn an och haut déi Meenung nach ëmmer hunn, hätten de Wielerwëllen an deem Sënn respektéiert, datt den Traité net ratifizéiert gi wier, wann de Referendum mat Neen ausgaange wier.

Deeselwechte Prinzip stelle mer fest an anere Länner. A Frankräich, wou de President an déi grouss Majoritéit vun der Politik fir de Jo waren, ass opgrond vun engem Referendum en Neen-Resultat erauskomm an deen ass awer décisionnel bei hinnen. Den Traité ass do och net ëmgosat ginn. Datselwecht hu mer an Holland gesinn, wou souwuel d'Regierung wéi déi grouss Majoritéit vun de Parteien fir de Jo waren, mä wéi d'Resultat Nee war ass den Traité och net ëmgosat ginn. Datselwecht wier op-

grond vun der Resolution, déi den 8. Juni hei d'Chamber geholl huet, och hei zu Lëtzebuerg de Fall gewiescht.

Den ADR war fir den Neen an den ADR steet och haut nach zu engem Neen zu deem Traité, mä den ADR huet gesot e géif och, an dat war vun Ufank un eis Meenung, de Wielerwëlle respektéieren, wat d'Vollek souverän a geheime Wahlen decidéiert, a wann d'Vollek mat Jo géif stëmmen, da géife mir och den Traité ratifizéieren, a wann et Nee wier, da géif en net ratifizéiert ginn. Dat zum Prinzip.

Et ass kloer, Här President, an dat wëll ech net verstopp, datt dat bei eis an der Partei a sécherlech och an deenen anere Parteien zu Diskussioun gefouert huet. Et gëtt keng Partei, déi ka soen, datt hir Memberen oder hiert Electorat zu 100% hannert der Meenung vun der einzelner Partei steet. Bei där enger méi, bei där anerer manner. Mä keng Partei ka vu sech behapten, datt all hir Memberen honnertprozenteg hannert der Meenung vun der Partei stinn. An dat war bei eis och net aneschtens an dat ass och net aneschtens.

Mir hunn dann och bei eis intensiv diskutéiert, och kontradiktoresch diskutéiert. Mä ech muss alleguer déi enttäuschen, déi an de leschten Deeg gemengt hunn, d'Blutt géif fléissen, d'Messere wiere gewetzt ginn: Geet deen een aus der Partei eraus oder flitt deen aneren aus der Partei eraus? Alles dat, do muss ech Iech enttäuschen, wäert net geschéien.

#### (Brouhaha général)

**Une voix.**- Et dauert nach e bëssen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen, neen, et dauert net nach e bëssen.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

Den ADR ass an dëser Prozedur vun der europäescher Fro ee Wee gaangen, deen net einfach war - dat wëlle mir net verkennen -, mä dat huet awer dee Virdeel gehat, datt mer zum Schluss vun der Diskussioun eng kloer Positioun an den europapolitesch wichtige Froen haten, déi eis och fir d'Zukunft wäert eng Linn ginn op där mer eis wäerte wiederhi bewegen. A mir wäerten och aus där ganzer Diskussioun Konsequenzen zéien. Dat bleift ganz sécher, well mir eng Partei sinn, déi sech a Fro stellt an déi amgaangen ass sech ze erneieren.

Mir wäerten och dee Wee fäerdeg bréngen a mir wäerten en zu engem positive Resultat féieren. Dat kënnt Der esou sécher si wéi ech hei stinn. Mir hu scho munche Stuerm an eiser Parteigeschicht, déi 17, 18 al ass, erlieft a mir sinn nach ëmmer gestärkt aus deene Positionen erauskomm. Mir wäerten dat och dës Kéier fäerdeg bréngen, datt mer an dem Kader vun där Erneuerung, souwuel programmatesch wéi strukturell, wäerten déi néideg Konsequenzen zéien, fir datt mer an Zukunft méi fest - dat gi mer gären zou -, méi zolidd an esou wichtige Froen kënnen no bausse stoen.

Dat gesot, Här President, wëll ech soen, datt den ADR also alleguer déi muss enttäuschen, déi gemengt hunn, haut géif beim ADR Blut fléissen. Mir sinn de Mëtteg geschlossen hei erakomm a mir ginn den Owend och erëm geschlossen als Fraktioun hei eraus, an da musst Der Iech da leider un eppes aneschtens wennen, mä bei eis fannt Der haut dee Problem do net.

Här President, Dir Dammen an Dir Härn, mir wäerten haut - a mäi Virriedner huet dat och net gemaach - net méi am Detail iwwert deen Traité hei diskutéieren. Dat hu mer virun dem 10. Juli gemaach. Mä et kann een awer vläicht eng Kéier kuerz drop agoe wat d'Hauptsaache ware firwat datt déi eng

Leit mat Jo an déi aner Leit mat Nee gestëmmt hunn.

Wann een dem Eurobarometer gleewen deet, dann ass de Gros vun deene Leit, déi mat Nee gestëmmt hunn, dat ware praktesch 60%, déi géint eng ze schnell Erweiterung waren, besonnesch wat eng Vollmemberschaft vun der Türkei ubelaangt. Sozialpolitesch Froe stounge vir. Delokalisatioun vun de Betriber, Liberalisatioun vun de Servicer, Chômage a weider esou Froe stounge vir.

D'Ursaachen, firwat d'Leit mat Jo gestëmmt hunn, waren: d'Iwwerzeegung zu Europa, déi europäesch Weiderentwécklung, de Fridden an Europa an esou weider. Woubäi ee muss soen, datt och déi Leit, déi fir den Nee waren, genau sou fir de Fridde si wéi déi, déi fir de Jo waren. Wichtig ass och ze gesinn, wann een den Eurobarometer an all déi Analysë kuckt, datt souwuel déi Leit, déi fir de Jo waren, wéi déi, déi fir den Nee waren, hei zu Lëtzebuerg awer an hirer ganz grousser Majoritéit, an dat läit an alle Fäll iwwer 80%, sech fir Europa, fir d'Europäesch Unioun ausgeschwat hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Härn, ob déi Verfassung dout ass ass eng Fro, déi ëmmer erëm optaucht. An och haut de Mëtteg hu meng Virriedner iwwert déi Fro hei geschwat. Déi eng hu gesot, si géif op der Intensivstatioun leien, an déi aner hu gesot, si wier net dout. Déi aner hu gesot, si géif liewen a si géif erëm opbléien an esou virun.

Fest steet awer och, wann haut 13 Länner ratifizéiert hunn a wa muer souguer 23 Länner ratifizéiert hätten, datt, fir datt den Traité kann a Kraaft treden, all 25 Länner mussen den Traité ratifizéiert hunn. A genausou fest war et no dem Nee vun de Fransouse vum 29. Mee, wéi déi mat 54,68% Nee gestëmmt hunn, an dem Nee vun den Hollänner den 1. Juni, déi mat 61,7% Nee gestëmmt hunn, datt deen Traité an dëser Form ni kéint a Kraaft treden, et sief déi Länner géifen nei Referendume maachen a si kréichen dann e majoritäre Vote, dee Jo wier als Resultat. Et weess awer jiddereen, datt dat net wäert de Fall sinn. Duerfir ass deen Traité hei dout.

Och wa mir haut hei als Lëtzebuerg e ratifizéieren, dann hu mir eis Prozedur domadder ofgeschloss. Mä et dierf keen de Leit dobause weismaachen, datt Europa deen Traité an dëser Form jeemools wäert erliwien.

Elo kann ee soen, et ass Ausso géint Ausso an d'Geschicht wäert eis weise wie Recht wäert behalen. An et kéint een och elo hei eng ganz Rei vun Zitater bréngu vu Perséinlechkeeten oder vu groussen auslänneschen unerkannte Presseorganer, déi alleguer geschriwwen hunn, datt deen Traité dout ass, an net zulescht de Kommissionspräsident, deen elo virun e puer Wochen och eng Ausso gemaach huet, déi dat nach eng Kéier confirméiert.

A wa mer zréckdenke virun den 10. Juli, wéi eisen Ausseminister an engem mémorable Face-à-face op der Televisioun RTL Lëtzebuerg war, wou hien dunn och gesot huet, den Traité wier dout.

Här President, Dir Dammen an Dir Härn, iergendwann an enger anerer Form kritt Europa een Traité. Et ass dann een Traité, deen eiser Meenung no net méi Verfassung heescht. Et ass en Traité, dee méi kuerz gëtt, dee sech méi op dat Wesentlecht beschränkt. Et ass en Traité, deen Europa Grenze gëtt, an et muss en Traité ginn, dee fir d'Bierger novollzéibar Garantië gëtt wat hir Ängschten sinn, wat sozialpolitesch d'Entwécklung an Europa ass.

Wann d'Leit net novollzéibar déi Ängschten duerch konkret Politiken an Texter geholl kréien, wäerten aner Länner aus Europa, och vläicht Lëtzebuerg, et net méi fäer-



deg bréngen, fir e wesentlechen Traité vun enger gréisserer Enver-gure duerchzekréien, wa se net och higinn a si maachen e Referen-dum. An dat ass och gutt esou.

Et ass iwwer 50 Joer gebaut ginn, ouni datt Leit gefrot gi sinn. Et ass 50 Joer iwwert d'Käpp vun de Bier-ger décidéiert ginn. Et war och, menger Meenung no, d'Absicht fir d'Leit net un der europapolitescher Fro ze interesséieren, well do-duerch konnten déi, déi Europa di-rigéiert a gefouert hunn, vun den europäesche Fonctionnairë bis zu dem Lobbyismus, Europa an eng Direktioun dirigéieren, wou d'Leit sécherlech net an alle Punkte mat-gaange wieren, wa se vun Ufank un ageweit gi wiere.

Haut hunn d'Leit elo emol d'Mat-sproocherecht kritt a si hunn hir Meenung zum Ausdrock bruecht. An Zukunft wäert an Europa, ech wëll mech widerhuelen, ni méi en Traité duerchkommen, wann net de Suerge vun de Leit doranner Rech-nung gedroe gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och hei zu Lëtzebuerg musse mer eis d'Fro iwwert de Re-ferendum stellen. Mir sinn nach wie vor der Meenung, datt dëst Parla-ment misst ons Constitioun änne-ren an dem Referendum hei zu Lët-zebuerg och een décisionnelle Charakter ginn. Vill Leit hunn et als eng Farce ugesinn, datt se d'Méig-lechkeet kréie fir iwwert de Wee vun engem Referendum hir Mee-nung zum Ausdrock ze bréngen, an d'Parlament awer, theoretesch gesinn, kéint maache wéi et wëllt.

A well mer alleguer heibannen, aus alle Parteien an alle Fraktiounen, festgestallt hunn, datt dat eng Suerg vun de Leit war, huet dunn och d'Parlament déi Décisioun ge-holl wou et gesot huet: Mir respek-téieren d'Resultat vum Referen-dum, fir eben där berechtigter Kri-tik, déi vun de Leit, vun de Bierger komm ass, Rechnung ze droen. Mir müssen also de Courage hei kréien an ons virhuelen eis Verfassung ze änneren, fir datt sech déi Fro an Zukunft, wann e Referendum kënnt, net méi stellt. Mä wann d'Bierger a fräien a geheime Wah-len eng Décisioun huelen, dann ass déi Décisioun do fir jiddfereen, an zwar definitiv.

Et muss een och iwwert d'Cam-pagne schwätzen, déi mer bei dë-sem Referendum gemaach hunn. Et war sécherlech fir eis alleguer eng flott Erfahrung. Et war eng Er-fahrung, well mer et ni fäerdeg bruecht hunn, d'Leit un engem po-liteschen Thema esou ze interes-séieren, wéi dat wierklech am Vir-feld vun deem Referendum hei de Fall war.

Mä et muss een awer och feststel-len, datt déi Campagne eesäiteg gelaf ass. Et muss ee wëssen, datt d'Regierung fir bal iwwer 900 Mil-liounen Euro eng Campagne gemaach huet - also mat Steiergel-der - ...

**Une voix.** - Dat sinn der awer vill.

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - 916.000 Euro, entschëllegt. 916.000, dat sinn 38 Milliounen an ale Frang.

*(Interruption)*

Dir waart bal erschreckt, well Dir hutt geduecht: Dann hätt se trotz-deem nach kéinte besser sinn, Här Fayot.

Also fir 916.000 Euro huet d'Regie-rung eng Campagne gemaach, déi eesäiteg war. Et ass och bei de Leit am Land emfonnt ginn, datt et net richtig ass, datt eng Regierung mat Steiergelder eng eesäiteg Campagne mécht. Och d'Press huet zwar hir Fräiheet, mä déi Campagne huet och eng gewësse Pressenënnerstëtzung kritt. Ver-schidde Presse si jo awer méi wéi eesäiteg an déi Campagne do era-gaangen.

Duerfir musse mer, eiser Meenung no, och e Gesetz kréien iwwert

d'Finanzéierung vu Campagnen am Kader vum Referendum. Et muss gesot ginn, wat fir eng Méig-lechkeeten datt ee kritt. Do sinn ech mam Kolleeg François Bausch eens: Et muss ee kucke wéini ee representativ ass an net, wéi de Kolleeg Bausch gesot huet, fir den Neen. Et muss een och soen, wéini ass ee representativ fir de Jo. Also et muss een déi zwou Säite scho mat eranhuelen: Wéini kann ee soen, ech si wierklech déi, déi Jo vertrieden, a wéini sinn ech déi, déi den Nee vertrieden. Wann déi Kritäre prezis sinn an et erfëllt een déi, da müssen, eiser Meenung no, déi zwou Säiten déiselwecht finan-ziell Moyene kréie fir eng équiva-lent Campagne ze maachen an d'Bierger équivalent ze informéieren.

Dat war dës Kéier, muss een hei soen, de Fall net. An och dat ass eng Spekulation: Wann et eng équivalent Campagne gewiescht wier, da soen déi eng, da wier sécherlech den Neen erauskomm. Déi aner soen, de Jo hätt awer ge-wonnen. Wéi gesot, dat bleift spe-kulativ. Dat ka kee beäntworten. Mä richtig ass, datt déi Campagne eesäiteg war, datt se net ausge-glach war.

Ee weidere Punkt, Här President: D'Diskussioun, déi sollt iwwer Eu-ropa weidergefuert ginn. Do ware mer eis virun dem 10. Juli eens. A mir waren eis och nach no dem 10. Juli eens. Eierlech musse mer alle-guer de Mea culpa soen, datt awer no dem 10. Juli déi Diskussioun of-geflaut ass, an datt mer et net fäer-deg bruecht hunn...

*(Interruption)*

Dat ass egal.

Mä mir hunn net fäerdeg bruecht fir déi Diskussioun iergendwéi an en-ger Form oprecht ze halen. Et wäert och schwéier sinn déi Dis-kussioun erëm opliewen ze loos-sen. Et sief, datt mer eis als Par-teien heibanne géifen déi Moyene gi fir déi europapolitesch Froen an de Vierdergrond ze stellen. Ver-schidde Virriedner hunn och gesot, an et schéngt jo e Konsens ënnert de Parteien heibannen ze sinn, datt mer eis, souwuel wat d'Verwaltung vun der Chamber wéi vun de Frak-tiounen ugeet, müssen d'Moyene ginn, datt déi europapolitesch The-men hei wierklech kënnen debat-téiert ginn.

Wa mer se heibannen an engem frëie Virfeld debattéieren a mir zéien d'Société civile oder d'Chambres professionnelles mat erun, da bréinge mer et och fäer-deg, datt déi Debatten iwwert d'Chamber erausginn an datt se dann an der Société civile, an de Chambres professionnelles, an de Gewerkschaften, a Patronats-, Sa-lariatsorganisationen an an de Medien thematiséiert ginn, an dann eben zu engem politeschen Thema ginn. Dat ass menger Meenung no ee vun deene kruziale Weeër wéi mer et dierfte fäerdeg bréngen, datt déi europapolitesch Froe méi interessant fir d'Politik an domad-der och méi interessant fir Lëtze-buerg ginn.

Wa mer da soen, Här President: Mir musse méi mat de Leit iwwer Euro-pa schwätzen, da gëtt et do, men-ger Meenung no, zwou Approchen. Déi eng soen: Jo mir schwätze méi mat de Leit fir hir Suergen ze er-kennen a fir Äntworten op hir Suer-gen ze fannen. An déi aner men-gen dann awer: Mir musse mat hin-ne schwätze fir hinnen eis Mee-nung an de Kapp eranzeklappe bis se op eemol soen: Jo, esou ass et.

Duerfir hunn och vill Leit, déi an där ganzer Diskussioun hir Besuergnis iwwer eng Erweiderung vun Euro-pa, virun allem wat d'Türkei ube-laangt, zum Ausdrock bruecht hunn, elo gesot, si géife méi mat eis diskutéieren a schwätzen. Hei zu Lëtzebuerg si laut enger Ëmfro vum Eurobarometer nëmmen 22% fir e Bäitrëtt vun der Türkei. Elo soen d'Leit: Déi grouss Majoritéit ass dergéint, mä et ass net mat eis geschwat ginn, et ass net op eis

gelauschtert ginn, mä d'Politik dé-cidéiert ganz einfach riicht an eng Richtung virun.

Duerfir ass et och fir d'Leit schwéier novollzéibar a gleeubar wann d'Politik seet: Mir wëllen an Zukunft méi mat de Leit diskutéieren. D'Leit gleewen dat net. Si hunn - an et gëtt een deem Gefill net lass - éischer d'Iwwerzeegung, datt op se agehämmert gëtt, datt se solle schlécken an akzeptéieren, wat eng bestëmmte politesch Klass a Lobby mengt wier gutt fir si alle-guer. Duerfir wäert och do e schwéiere Wee ze maache sinn. Mä mir si bereet mat an déi Diskus-sioun ze goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op enger Journée parle-mentaire hu mer eis och Gedanken gemaach - wat de Mëtteg hei ugeklongen ass - wat d'Europapar-lamentswahlen ubelaangt. Mir hunn och proposéiert fir d'Zuel vun de Kandidate vun zwielef op sechs erofzesetzen. Mir hunn am Fong duerfir plädéiert fir een Décalage tëschent deenen zwou Wahlen ze maachen, net eleng wat d'Lëschen ubelaangt, mä a priori fir déi politesch Diskussioun iwwer Euro-pa kënnen ze féieren. Well wa mer éierlech sinn, hu mer an deene leschte Wahlen, wou ëmmer d'Eu-ropparparamentswahlen an d'Natio-nalwahlen zesumme stattfonnt hunn, déi Diskussioun iwwert d'Eu-ropparlament awer nëmmen unter „ferner liefen“ gefouert.

D'Leit, an och d'Politiker wahr-scheinlech, diskutéieren ebe bei esou Wahlen éischer iwwer natio-nalpolitesch wéi europapolitesch Themen. Duerfir kënnt, wann déi Wahlen deeselwechten Dag sinn, déi europapolitesch Debatt an alle Fäll ëmmer ze kuerz. Eleng aus där Ursaach eraus, mengen ech, wier et wichtig, datt ee se géif déca-léieren, fir datt een zwou separat Debatte féiert. Duerfir brauch een dat kee Joer ausernee ze leeën. Eiser Meenung no géifen dräi Méint duergoen, fir datt een déi Diskussioun kéint separat féieren.

Här President, et ass haut vun der CSV eng Propositioun hei ge-maach ginn, oder virun e puer Deeg schonn, wou gesot ginn ass, si géife proposéieren d'Verfassung esou ze änneren, datt een nëmme méi op enger Lëscht kéint kandi-déieren. Ech behaapten haut hei, wa mer gären d'CSV géifen uschmieren, da misste mer alle-guer soen: Mir si mat där Iddi averstanen. Well ech sinn haut do-vun iwwerzeegt, datt d'CSV déi Iddi selwer net wëllt. Mä si huet dat schonn déi leschte Kéier gemaach. Si huet eppes...

**Plusieurs voix.** - Oh!

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dir maacht eng Propositioun wou Der wësst, datt wahrscheinlech déi aner alleguer Nee soen. Da kënnt Der herno bei d'Leit goen a soen: Gesitt Der, mir wollten dohinner goen, mä déi aner sinn net mat-gaangen.

Mir als ADR hunn déi Propositioun och gemaach, déi den Här Wolter subsidiaresch gemaach huet. Awer mir hu se als Éischt ge-maach, datt mer soen: Kommt mer loossen de Leit dat fräi. Mä jiddfe-reen, dee Kandidat ass, mécht eng Deklaratioun op seng Eier a seet: Wann ech gewielt ginn, da ginn ech och an d'Europaparlament. An dat ass, menger Meenung no, déi eenzeg richtig Propositioun. A wann een déi Deklaratioun net wëllt maachen, da weess de Bierger jo och, wou hie mat deem Kandidat drun ass.

Also, dat ass déiselwecht Proposi-tioun wéi mir se op eiser Journée parlementaire gemaach hunn. Duerfir géif ech soen, wann ech haut hei héieren, datt aner Fraktiounen och déiselwecht Meenung

hunn, datt d'CSV sech am Fong hir Proposition de loi kéint spueren, well da weess se jo schonn, datt hei kee Konsens ze fannen ass.

Mä wéi gesot, wa mer d'CSV wëil-len e bësse lackelen, da géife mer alleguer soen, mir sinn domat d'ac-cord.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

*(Interruptions diverses)*

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - An da wär d'CSV déi, déi am schlechsten dru wier, well se dann hir Iddi misst ëmsetzen.

Dat gesot, Här President, mengen ech, solle mer haut d'Konklusioun zéien, datt mer an dësem Dossier vum Traité fir vill Leit Neiland hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn, datt mer e Wee gaange sinn, deen in-teressant war an duerch dee mer villes bäigeléiert hunn, duerch dee mer d'Leit fir d'Europapolitik in-teresséiert hunn.

Mir als ADR-Fraktioun stëmme mat Ausnahm vum Kolleeg Aly Jaerling, dee mat Nee wäert stëmmen, dë-sem Traité zou. Mir bleiwen awer als ADR bei eisem Neen zu deem Traité.

A mir soen och, et ass gutt, datt deen Traité hei ni wäert a Kraaft trieden, an et ass och gutt, datt ni-mools méi wäert en Traité a Kraaft triede mat deem de Suergen an den Ängschte vun de Leit net Rechnung gedroe gëtt.

**Une voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Lescht Riednerin fir haut ass déi honorabel Madame Vera Spautz. Madame Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Vera Spautz (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Majoritéit vun de Lëtze-buerger - 56,52% - hu Jo zum eu-ropäesche Verfassungsvertrag ge-sot. 43,48% soten Neen. Beson-nesch am Süde vum Land, dem bevölkerungsräichsten an industri-ellen Deel vum Land, hunn d'Bier-gerinnen an d'Bierger aus de Ge-menge mat Nee gestëmmt. D'Ana-lys, déi verschidde Politiker, a fair-nesshalber muss ech soen och Vertrieeder aus anere Kreesser di-rekt no der Bekanntgab vun deem Resultat gemaach hunn, war alles aneschters wéi objektiv an iwwer-luecht, den 10. Juli.

Hiren Aussoen no konnt een nëm-men dovunner ausgoen an et esou interpretéieren, dass de Süde vum Land entweder rietsradikal oder lénskradikal gi wier. Ausserdeem waren et och déi „naïv“ - an ech setzen dat tëschent Guillemeten - an „ondankbar“ Aarbechter esou wéi déi Jugendlech, déi schold sinn un deem Süddebakel, well si alleguer keng politesch Kultur hunn an och nach ni e Krich erlieft hunn. Tirang op, Tirang zou - an d'Saach war gelaf. De Referendum ass eriwwer an d'Analys zum Wahlaus-gang ass eng vielfälteg. D'Gemen-gewahle sinn och eriwwer an d'Re-sultater si bekannt. Et ass et sech immens einfach gemaach, wa be-haupt ginn ass, dass d'Géigner vum Verfassungsvertrag Kommu-nisten, lénk Spänner a Populiste wieren, well si sech fir d'Gemenge-wahlen hätte wëlle profiléieren a sech domadder an Zeen setzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Leit, déi mat Nee gestëmmt hunn, hunn eng ganz Rei Bedenke geäussert, déi mir als Politiker eescht sollten huelen an och net weider ignoréiere sollten. Déi Leit, déi mat Nee gestëmmt hunn, hunn eis e Message mat op de Wee ginn. Si si géint déi neoli-beral Ausrichtung vun deem Ver-trag. Si hunn Ängscht virun der Aarbechtslosegkeet an Europa, awer virun allem hei, wou si kéinten dovunner beträff ginn. Si si géint eng Direktiv Bolkestein, déi och elo nach net vum Dësch ass, a si fan-nen, dass de Vertrag um wirt-schaftleche Plang ze liberal oder neoliberal ass.

Vill Leit hunn awer och eis hei an der Chamber an och der Regie-rung e weidere Message mat op de Wee wëlle ginn. Si wëllen en de-mokratesche Sozialstat an net den Ofbau vum Sozialstat, an dat och hei zu Lëtzebuerg. No der Deklara-tioun vun eisem Statsminister iw-wert den État de la nation an no der Virstellung vum Statsbudget d'lescht Woch hei an der Chamber däerf ee sech awer - eventuell be-rechtergerweis - froen, ob d'Regie-rung dës Ängschte vun deene Leit dann och eescht hält.

Ech wëll nëmmen e puer Stéch-wierder nennen - ech denken et ass haut net d'Plaz, well mer beim Budget drop zrëckkommen - wéi déi geplangten zukünfteg Finan-zéierung vun de Kannerbe-treuungsstrukture respektiv d'Finan-zéierung vum öffentlechen Trans-port, de Renten, de Sozialver-sécherungen an esou weider an esou weider.

Wa mir haut elo den zweete Vote vum Vertrag huelen, da sollt et awer weinstens méiglech sinn, weinstens elo an och hei am Haus déi kritesch Stëmmungen a Mee-nungen zouzeloossen an eis esou domat selwer als Politiker och eescht ze huelen.

**Une voix.** - Très bien.

**Mme Vera Spautz (LSAP).** - D'Glawwürdegkeet vun der Politik a vun eis alleguerte steet och op der Dagesuerdnung vun haut. Eng ganz Rei Leit, Memberen a Wieler vu sämtleche Parteien heibannen - och menger - hunn den 10. Juli mat Nee gestëmmt. Et waren insge-samt 43,48%.

Sinn dat elo alles Kommunisten? Dann hätt déi Partei jo misse bei de leschte Gemengewahlen e formi-dabelt Resultat maachen!

Mir brauchen a mir wëllen eng eu-ropäesch Verfassung. Mä dësen Text, iwwert dee mir haut ofstëm-men, an do sinn ech anerer Mee-nung wéi mäi Kolleeg Ben Fayot oder anerer hei am Haus, dësen Text ass menger Meenung no hifäl-leg, fir net dat Wuert ze gebrau-chen: dout.

Eng ganz Rei Leit heibannen, an zu deene gehéieren ech och, hu beim éischte Vote hei an der Chamber mat Jo gestëmmt, aus Grënn wéi Fraktiounsdisziplin oder dem Vir-worf, d'Gemengewahle sti virun der Dier an d'Populiste wëlle sech mat deem Thema Referendum pro-filéieren.

*(Interruptions diverses)*

Dat hunn ech ganz kloer net ge-maach, an iwwregens den Här Huss och net, an ech sinn och néierens opgetrueden.

Wann ech awer elo haut nach eng Kéier mat Jo stëmmen, genau wéi den Här Huss, dann aus Respekt virun dem Resultat vum Referen-dum. Obwuel ech och perséinlech der Meenung sinn, dass Ännerun-gen an dem Text komme wäerten. Dësen zweete Vote ass déi lo-gesch Konsequenz vun där Proze-dur, déi mir eis hei an der Chamber ginn hunn.

Aus Respekt virun de Grënn, Ur-saachen a Befierchtunge vun de Wieler vum Nee beim Referendum, an aus menger eegener Iwwerzee-gung eraus, wäert ech mech an deenen nächste Wochen a Méint iwwerall dofir asetzen, wou et méig-lech ass, fir dass et net, a ganz besonnesch net hei zu Lëtzebuerg, zu engem Sozialofbau komme wäert. Den Nee war, wéi mäi Kol-leeg Ben Fayot gesot huet, och e Protest gewiescht.

Fir op déi Bemierkunge vum Här Goerens, deen net heibannen ass, a virun allem vum Här Bausch an-zegoe betreffend dem Forum-Arti-kel, do fannen ech et schonn er-staunlech, wann ech eng provoka-tiv Bemierkung - eng provokativ Bemierkung! - am Forum maachen, andeem ech gesot hunn, d'Süd-gemengendeputéierte misste sech eventuell iwwerleeë mat Neen ze



stëmmen, wa se de Vote vun hire Leit géifen eescht huelen - et war eng provokativ Bemierkung -, datt den Här Bausch sech dodriwwer échaufféiert a sech net échaufféiert wann de Statsminister oder de Budgetsminister Deklaratiounen iwwer geplangte Reforme maa-chen, déi méi wéi eng provokativ Bemierkung sinn an hoffentlech net sollen a Kraaft treden.

**M. le Président.**- Erlaabt Der eng Zwëschefro vum Här Bausch?

**Mme Vera Spautz (LSAP).**- Selbstverständlech.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Ech weess net, Madame Spautz, ob Dir dat matkritt hutt wat ech gesot hunn an deene leschten annerhallwe Wochen zu der Dekla-ratioun vum Statsminister: Do war méi wéi eng Kritik dran, mä ech ginn dovunner aus, datt mer hei beim Referendum sinn an datt mer hei iwwert den Ausgang vum Refe-rendum schwätzen, dat ass jo ep-pes aneschters wéi dat. Mir kënnen jo net hei alles matenee vermë-schen, mä ech menge meng Aus-soe ware méi wéi kritesch zu dee-ne Saachen, déi de Statsminister gesot huet.

**M. le Président.**- Wéi war Är Fro, Här Bausch?

(Hilarité)

D'Fro! Dir hat gefrot, fir eng Fro ze stellen.

(Interruption)

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- D'Fro war, ob et en Ën-nerscheid gëtt tëscht der Debatt vun haut an där vun der leschter Woch.

**M. le Président.**- Voilà, Ma-dame Spautz.

**Mme Vera Spautz (LSAP).**- Dir hutt Recht, an da ginn ech lech eng Äntwert zréck: Besonnesch mengen ech dass, wéi Dir och vir-drun iwwert d'Verhale vum ADR an der Opléisung geschwat hutt - ob-wuel ech déi haut de Mëtteg net wäert wëlle verteidegen heiban-nen, well mer do ënnerschidd-lecher Meenung sinn -, och déi Be-mierkunge menger Meenung no net an dem Kader vun den Debat-ten hei vum Referendum placéiert gewiescht sinn.

Ech mengen domadder hätt ech op déi Netfro vun lech geäntwert.

**M. le Président.**- Dont acte.

**Mme Vera Spautz (LSAP).**- Op där anerer Säit wier ech awer och frou elo hei ze héieren, wéi eng Schrëtt d'Regierung oder deen Deel vun der Regierung, deen haut de Mëtten hei ass, gedenkt ze ën-nerhuelen, fir d'Diskussioun an den Débat mat de Wieler och vum Neen ze organiséieren an op hir ënnerschiddlech Befierchtungen an Iwwerleeungen anzegoen a se eventuell jo och iwwerzeegt ze kréien an Zukunft.

Wéi geet deen Débat, deen ugekënnegt ginn ass, weider a wéini?

Zum Schluss just nach folgend Be-mierkung: D'Majoritéit vun den Neen-Wieler huet aus Angscht virun engem europäesch geleete-nen oder veruerdnete Sozialofbau géint de Vertrag gestëmmt. Gläich-zäiteg huet den Nee sech awer och un eis heibanne geriicht, un d'Re-gierung an un d'Chamber. Et ass also un eis, alles drunzesetzen, fir dass hir Befierchtungen net Real-i-téit ginn, an dat och net hei zu Lët-zebuerg. Hei am Haus wäerte mer an deenen nächste Wochen a Méint d'Geleeënheet hunn doriw-er ze schwätzen, dëst am Kader vun den Debatten iwwert de Bud-get oder deenen ugekënnegten Debatten a Gespréicher iwwert d'Reformen, déi déi zwee Ministe-ren ugekënnegt hunn.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.**- Merci, Ma-dame Spautz.

## 7. Ordre du jour (suite)

ler ech der Regierung d'Wuert ginn, wollt ech kuerz op d'Interven-tioun vun der Madame Flesch haut de Mëtteg zréckkommen, déi an zimlech schaarf Wieder kritiséiert huet, dass virun allem de Statsmi-nister net bei dëser Debatt haut de Mëtteg dobäi ass an dass d'Con-certatioun tëschent Statsminister a Présidence net richtig geklappt hätt.

Ech wëll der Madame Flesch soen, well si net dobäi war, datt d'Presi-dentekonferenz an hirer Sitzung vum 14. Oktober, wou den Ordre du jour vun haut fixéiert ginn ass, e Schrëftstéck mat der Disponibilitéit vun de Membre vun der Regie-rung virleien hat. Dorop stoung, dass fir haut, de 25. Oktober, den Här Nicolas Schmit disponibel wier fir hei am Numm vun der Regie-rung Stellung ze huelen zum Traité, an dass fir muer, de 26. Oktober, den Här Premierminister an den Här Nicolas Schmit disponibel wie-re fir Stellung ze huelen.

En connaissance de cause huet d'Présidentekonferenz awer déi Debatt op haut fixéiert. Sachant très bien, dass de Statsminister an och den Här Ausseminister net kënnen hei sinn, ass eis vum Ver-trieder vun deene Gréngen aus der Präsidentekonferenz confirméiert ginn, dass mer dat an der Presi-dentekonferenz debattéiert hunn. Eleng déi fënnef Fraktionschefen hunn décidéiert, déi Debatt haut de Mëtteg ze organiséieren, sachant dass de Premierminister net do ass.

(Interruption)

Dat fir kloergestallt ze hunn, wéi et hei mat där Interventioun ass, déi d'Madame Flesch gemaach huet.

Madame Flesch, Dir frot nach eng Kéier d'Wuert.

**Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, erlaabt mer ze be-dauern, dass d'Conférence des Présidents déi Décisioun geholl huet. Ech bleiwen nach wie vor der Meenung, dass et am Intérêt ge-wiescht wär vun dëser Debatt a vun der Wichtigkeet vun deem Vote, dee mer elo huelen, bei deem mer alleguerte gebiede sinn, pers-éinlech present ze sinn, dass den Här Statsminister an den Här Aus-seminister, déi jo d'Haaptartisane vun deem Text sinn an déi ons op-gefuert hutt, während Wochen a Méint querein duerch d'Land ze goen, hätte kënnen derbäi sinn.

Ech kann nëmme mäi Bedauern zum Ausdrock bréngen.

**Une voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- Den Här Fayot freet d'Wuert nach.

**M. Ben Fayot (LSAP), rap-porteur.**- Här President, ech wollt just soen, dass dat richtig ass wat Dir gesot hutt. Et war awer d'Ab-sicht vun der Präsidentekonferenz fir eng Debatt iwwert deen Traité ze maachen. Ech fannen dat Wesent-lecht dobäi ass, dass dës Cham-ber déi Debatt hat. Ech hunn och vollt Vertrauen an den Här Nicolas Schmit als Ministre délégué aux Af-faires européennes fir op déi Froen an där Debatt ze äntwerten.

Den Här Schmit, wëll ech soen, huet an dëser Négociatioun vun deem Traité an och duerno an der Présidence eng grouss Roll ge-spillt. En ass e ganz intime Kenner vum Europaparlament a vun allen Développementer, déi an Europa sinn. Ech fannen, dass et éischstens emol eng gutt Debatt war, an zwee-tens, dass et och wichteg ass, dass den Här Schmit ons elo Änt-werten op ons Froe gëtt. Ech fan-nen och, dass mer dat gutt ge-maach hunn als Conférence des Présidents fir déi Debatt haut, en Dënschdeg de Mëtten, ze maa-chen.

**M. le Président.**- Also ech denken, Här Fayot, dass et schonn esou war, dass d'Présidentekonfe-renz dat Vertrauen, wat Dir an den Här Schmit elo ënnerstrach hutt, animéiert fir d'Décisioun esou ze huelen, an dass och d'Vertraue vum Här Grethen, deen domat d'accord war, gradwéi den Här Wolter, Dir selwer an d'Vertrieder vun deene Gréngen, domat ënner-mauert ass an dass domat gekläert ass, wéisou dass den Här Schmit haut de Mëtteg d'Regierung ver-trëtt.

Den Här delegéierten Ausseminis-ter, den Här Nicolas Schmit, huet d'Wuert.

## 8. 5442 - Projet de loi portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Protocoles annexés au Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Annexes I et II et de l'Acte final, signés à Rome, le 29 octobre 2004 - Second vote constitutionnel (suite)

**M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.**- Här President, Dir Dammen Deputéierten, Dir Härén Deputéierten, ech wëll dee Punkt, deen Der elo eigentlech ofge-schloss hutt, net verlängeren. Mä ech wëll mech just bei der Ma-dame Flesch entschëllegen, datt si sech haut muss mat mir begnügen.

**Plusieurs voix.**- Oooohh!

**M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.**- Ech muss just der-bäi soen, ech hat déi grouss Eier - an ech fannen dat ass fir mech wierklech eng grouss Eier -, d'Pré-sidence an domat den europäe-sche Conseil am Europaparlament ze verrieden, wéi d'Europaparla-ment deen nämlechte Vote geholl huet, deen haut d'Lëtzeburger Parlament hält. Dat heescht, wou d'Europaparlament mat enger écrasanter Majoritéit de Verfas-sungsvertrag ugeholl huet. Mä do-mat, mengen ech, ass déi Debatt eriwwer.

Ech wëll virun allem och dem Rap-porteur an all deenen, déi un dëser Debatt deelgeholl hunn, Merci soen, well et ass effektiv eng ganz wichteg Debatt fir d'Lëtzeburger Land a fir Europa. Ech mengen, et ass och e wichtige Vote, deen haut geholl gëtt, an et ass net ee Vote - wann ech mech elo ganz sa-lopp dierf ausdrécken -, deen een einfach esou mat lénks fir d'Kaz en quelque sorte hält. Et ass e Vote, deen nach ëmmer e Signal duer-stellt, och fir déi aner Europäer.

No 68 Joer hat Lëtzebuerg erëm e Referendum, an ech muss soen, dass jiddferree bei där Campagne zu Wuert komm ass, jiddferreen huet mat diskutéiert. Mir konnten alleguer zefridde si mat deem Dé-bat, deen effektiv hei am Land konnt gefouert ginn. Souwuel déi, déi sech dofir agesat hunn, mä och déi, déi eng ganz Rei Froen opge-worf hunn an déi dergéint waren, verdéngen eise Respekt. Ech men-gen, déi Referendumscampagne war e gesunde Prozess fir d'Lëtze-buerger Demokratie, a mir müssen eigentlech domat extrem, extrem zefridde sinn.

Ech wëll och den Engagement vun der Chamber besonnesch ervirhie-ven an der Chamber Merci soen, déi sech mat all hire Memberen ex-trem engagéiert huet, déi och iw-vert déi vill diskutéiert Hearigen trotz allem enger Rei vu Leit d'Wuert ginn huet, déi och dovun

absolut gudde Gebrauch gemaach hunn. Duerfir kann een net soen, et wier nëmmen ee Camp zu Wuert komm an deen aneren net.

De Referendum huet Ulass gi fir hei zu Lëtzebuerg e wichtigen a lie-wegen Débat iwwer eng Verfas-sung, iwwert d'Virdeeler vun der Verfassung fir Europa, fir Lëtze-buerg ze féieren. Mä en huet awer och Ulass gi fir datt ons Bierger hir Suergen, hir Froen an hir Veron-sécherungen iwwer Europa konn-ten ubréngen.

Ech mengen, dës Suergen, dës Veronsécherungen, déi sinn net op daf Ouere gefall, wéi ech dat elo virdrun héieren hunn. Ech ka ga-rantéieren, datt mer déi 43,48%, déi sech géint deen Text ausge-schwat hunn, net einfach op d'Säit schieben an elo ignoréieren. Et muss ee sech also mat deem Re-sultat ausernee setzen. Dat war fir d'éischt emol e kloert an dättelech Resultat un deem net ze deuten ass.

Et ass eng kloer Majoritéit vu Lëtze-buerger Wieler, déi sech fir d'Ver-fassung ausgeschat hunn. Si hunn dat an engem schwierege Kontext gemaach, wou net nëm-men deen Débat hei zu Lëtzebuerg gefouert ginn ass, mä wou och déi auslännesch Débaten - deen a Frankräich, deen an Holland, an anere Länner - op Lëtzebuerg age-wierkt hunn. A mir hu jo och erlieft, datt eng Rei vu Protagoniste vum Nee ganz aktiv Campagnen hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn an d'Argumenter vum Neen hei vertei-degt hunn.

Mä d'Lëtzeburger hu sech net bëire gelooss. Si hu verstanen, datt si e staarkt Europa mat staarken demokrateschen Institutioune brauchen. Well e Land wéi Lëtze-buerg brauch nëmmen en Europa wou et kloer ass wou seng Plaz a seng demokratesch Rechter leien. En Europa wou d'Institutioune ge-schwächt sinn, wou et keng kloer Regele méi gëtt, wou eigentlech dat Ganzt nom Maartprinzip fonc-tionnéiert, an domat dättelech ge-nuch ass, ass net dat Europa wat onst Interesse schützt. A beson-nesch - an ech soen dat och - en erweidert Europa, wou mir effektiv nëmmen ee vu 25, a muer ee vu 27 a méi, sinn.

Si hu verstanen, datt dëse Verfas-sungsvertrag net zu engem eu-ro-päesche Superstat féiert, datt an dësem Vertrag d'Kompetenze bes-ser definéiert sinn, datt mer awer och op enger ganzer Rei vu Froen an enger ganzer Rei vun Domäne méi Europa brauchen, e bessert Europa, en Europa wat méi effikass décidéiert, wat méi effikass demo-kratesch kontrolléiert gëtt. Sécher-heet no bannen, no baussen ass eng Fro, wou mir Lëtzeburger e staarkt Europa brauchen. Immigra-tionsproblematik ass eng Fro wou mir Lëtzeburger e staarkt an en effikasst Europa brauchen. Vun der Aussepolitik wëll ech iwwerhaupt net schwätzen. Mir hunn also all In-térêt drun, datt dëse Verfassungs-vertrag enges Dags a Kraaft trëtt, well en u sech eis Intérëten, eis Rechter besser verteidegt, besser séchert wéi déi aktuell Verträge.

D'Bierger hunn och fir dëse Vertrag gestëmmt, well se verstan hunn, datt dëse Vertrag eigentlech hir eege Rechter besser garantéiert, si als europäesch Bierger besser ver-teidegt. D'Charta vun de funda-mentale Rechter: Wie kann hei an dësem Haus d'accord sinn, datt si einfach d'Baach erageet, fir dat emol ganz einfach e bësse brutal ze soen?

D'Initiativrecht vun de Bierger: Wie kann einfach considéieren, datt dat eng Bagatel ass? Méi ee wich-tege Rôle fir d'Nationalparlament, ech mengen Dir sidd déi Lescht, déi dat géife contestéieren. Méi Dialog mat der Zivilgesellschaft iw-vert déi grouss Froen, déi d'Eu-ropäer ugin.

(Interruption)

A besonnesch - ech hat e Grouss-papp, deen huet schlecht héieren ...

(Hilarité)

...eng gefestegt Plaz fir de sozia-len Dialog. Dialog zwëschent de Sozialpartner, besonnesch an der Entwécklung vun engem méi sozia-len Europa, an ech menge vill vun deenen Interventiounen hunn iw-vert déi sozial Dimensioun vun Eu-ropa traitéiert. De Sozialdialog, deen an där Verfassung eng nei Di-mensioun soll kréien, muss an Eu-ropa gefestegt ginn.

Ech wëll besonnesch dorop agoe wat d'Madame Spautz, mä awer och den Här Fayot gesot hunn iw-vert déi Messagen, déi mer krute vun deenen 43,48% vu Wieler, déi fonnt hunn, datt eigentlech de Suergen, de Veronsécherungen net genuch an dësem Text Rech-nung gedroe ginn ass. Sécher wa-re si net géint Europa, si waren ei-gentlech ganz oft fir méi Europa, fir e bessert Europa, fir méi Sozialpo-litik op europäeschem Plang. Si sinn awer och, an dat muss een och zugestoen, vläicht enger Rei vun Illusiounen op de Laim gaan-gen, well déi, déi hinne versprach haten: „Stëmmt Neen an da geet alles besser, well mir hunn de Plang hei schonn an der Täsch wéi mer a kierzester Zäit e bessere Ver-fassungsvertrag op den Dësch leeën", do gesi mer haut, datt dat alles net esou einfach ass.

Mir müssen awer déi Vertrauens-kris, déi sech a Frankräich be-mierkbar gemaach huet, och wann do de Vote multipel Explikatiounen huet, esou wéi wahrscheinlech och hei zu Lëtzebuerg, eescht huelen. Mir dierfen dee Vote net ignoréie-ren. Déi Messagé si kloer, d'Angscht ëm déi wirtschaftlech a sozial Zukunft steet ouni Zweifel am Mëttelpunkt vum Neen.

De Ben Fayot huet déi Sondagen explizéiert, déi weise wat d'Haapt-punkten, d'Haaptmotivatioune wa-re firwat d'Leit Nee gestëmmt hunn. Aarbechtslosegkeet, net genuch soziaalt Europa, wäit, Här Gibé-ryen, virun der Türkei, déi nëmme mat 17% als Motivatioun kënn fir-wat d'Leit géint dee Verfassungs-vertrag do gestëmmt hunn.

D'Angscht virum sozialen Dumping ass effektiv eng Suerg, eng Angscht, déi mer musse seriö hue-len, och wann d'Leit eigentlech ganz oft vun Europa méi erwaarde wéi Europa bidde kann, well d'Kompetenze vun Europa net illi-mitéiert sinn. Kee wëllt jo - an ech mengen den Här Fayot huet dat gesot -, datt déi Kompetenzen och am soziale Beräich illimitéiert sinn, datt een also kéint praktesch an Europa diktéiere wéi eng Sécurité sociale an engem Land muss aus-gesinn.

Mir müssen also kucke wéi mer där Perception vun engem Europa, wat net genuch op de Bierger zou-geet, Rechnung droen, wéi mer och den Débat iwwert déi wirt-schaftlech a sozial Froe besser duerstellen. Wéi mer natierlech och a konkreter europäescher Politik duerch een Text wéi d'Bolkestein-Direktiv, duerch een Débat iwwert d'Aarbechtsszäit an Europa kloer Messagé ginn, datt dat Europa ef-fektiv sech net ofschneit vun der Aarbechtswelt.

Europa ass eigentlech laang Zäit mat zwee wichtigen Aspekter identifiziéiert ginn: de Fridden - an do wësse mer, datt mer alleguer vläicht een ze kuerzt Gediechtnis hunn, datt déi jonk Generatioun ei-gentlech de Fridden als eng Nor-malität ugesäit - an d'Prosperitéit. An et ass well verschidde Leit vun där Prosperitéit ausgeschloss sinn, well de Chômage sech op 20 Mil-liounen erhéicht huet an Europa, datt eben déi Reaktiounen kommen.

An ech kann lech, Madame Spautz, garantéieren, datt dee Vote an de Südgemengen och muss eng Reaktioun kréien, datt an dee-ne Gemengen debattéiert muss ginn, datt am Kader vun engem eu-ro-päesche Forum, och an deene Gemengen, mä natierlech net eleng an deenen, mat de Leit muss iwwert déi Problemer diskutéiert